

soen: „Trau Dech! Du kriss während sechs Méint nach eng Aide vun 2.000 Euro fir unzekommen. A wann et schifgeet, kucke mer, eng Léisung ze fannen, well et ka sinn, dass deng Iddi ganz gutt war, mee et war vläicht de falsche Moment oder du kanns vläicht keng Gestiou vum der Entreprise maachen. Da kriss de eng Formation an da kanns de weiderfuere.“ Mir wëlle gären d'Entrepreneuriat stäerken, dat ass e ganz wichtege Volet.

Ech war gefrot ginn no Zuele vun Airbnb. Déi hu mer net, well et am Moment nach keng Base légale gëtt fir Zuelen. Et gi verschidden Zuelen, déi kurséieren. Mat deem heite Gesetz kréie mer déi Zuelen awer, well mer hei nämlech ganz genau gesinn: Ma dat do an dat do sinn déi verschidde Bienen, déi et gëtt hei zu Lëtzebuerg. Wéi een ass iwwer 90 Deeg erausgaangen? An domat hu mer dann och de Contrôle hannendrun a kréien dann och Zuelen.

Et ass awer eng europäesch Direktiv ënnerwee, fir eeben eng Identifikationsnummer op all eenzelne Logement ze setzen. Mir wëllen hei awer déi Sharing Economy ganz kloer definéieren, bevir dat dote kënn, well et de Moment ass, fir heimat weiderzkommen, an net op d'Direktiv waarden, well hei an där Direktiv geet et am Moment just ëm déi Identifikationsnummer, wou een da kann de Contrôle maachen. Mat deem heiten Text kënnen mer mat de Plattformen och de Contrôle maachen a mir gesinn, wéi et viruegt.

Ech sinn awer ganz frou, dass iwwert d'Blanchisserie geschwat ginn ass, well de Metier vum Blanchisseur ass an Zukunft och nach e Metier B – an natierlech ass de Blanchiment och an deem Text e ganz wichtege Volet!

Ech soen Iech alleguete villmools Merci.

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Mëtzelstandminister Lex Delles. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7989. Den Text steet am Document parlementaire 7989²³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7989 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme an 1 Nee-Stëmm uegholl.

(Interruption)

Dat heescht, domadder ass elo awer de Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme uegholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;

M. Roy Reding.

(Interruptions diverses)

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 8009 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;

2° de la loi modifiée du 29 avril 1983 relative à l'exercice de la profession de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire ;

3° du Code de la sécurité sociale

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8009 iwwert de Virage ambulatoire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. A bei deemem Projet wannechgelift dee richtige Knäppchen drécken!

(Brouhaha)

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Hären, de Projet de loi 8009, besser ënnert dem Begrëff „Virage ambulatoire“ bekannt, ass e ganz wichtige Projet. Opgrond vun deene Poleemiken, déi en ausgeléist huet, sinn ech méi wéi eng Kéier gefrot ginn, ëm wat et eigentlech geet. Dofir eng Rei vu Virbemerkungen:

Den éischten Objektiv vun deem Gesetz ass et, d'Fundamenter vun eise Gesondheetssystem ze confirméieren an ofzesécheren. Eise Gesondheetssystem zeechent sech jo aus duerch den universellen Zougang zu deene beschtméigleche Gesondheetseleeschungen, egal wéi vill een a sengem Portmonni huet – a mir sinn amgang, drun ze schaffen, déi kleng Lächer, déi et nach am Netz gëtt, definitiv ze stoppen –, e baséiert op dem solidaresche Finanzement an e séichert duerch den obligatoresche Konventionnement vun de Prestatairë fest Tariffer.

Zweetens schafe mer déi gesetzlech Basis fir nei Strukturen, déi ausserhalb vun de Spideeler a méi no bei de Leit entstoe sollen, dës zesumme mat den an net géint d'Spideeler. Et geet awer och ëm d'Autorisatioun bezéiungsweis d'Netautorisatioun vu schwéieren Ekipementen wéi IRMen – awer net nëmmen déi –, déi bis elo de Spideeler reservéiert waren, och ausserhalb vun de Spideeler. Dës ass noutwendeg ginn no enger Rei vu Gerichtsurteler, déi zu engem gesetzleche respektiv reglementaresche Vide gefouert hunn.

De Virage ambulatoire bedeit also, dass de Patient fir eng Rei Behandlungen, déi keng Iwwernuechtunge verlaangen, net méi muss an d'Spidol goen.

Selbstverständlech behalen awer och d'Spideeler hir ambulant Traitement, déi an deene leschte Joren däitlech ausgebaut goufen.

Et muss ee wëssen, dass dat aktuell Spidolsgesetz fir eis véier Centres hospitaliers, de CHL, d'Hôpitaux Robert Schuman, de CHEM an d'Nordspidol, jee weils bis zu dräi Standuerter erlaabt. De CHL, d'Hôpitaux ..., allen dräi, déi dräi ausser dem Nordspidol, bedriewen an der Zwëschenzäit déi dräi Sitten, an d'Nordspidol kritt deemnächst mat der Schlackéier deen drëtte Site derbäi, mat engem IRM.

Zousätzlech Antenne vun eise Spideeler sinn deemno mam jëtzege Spidolsgesetz net méi méiglech. Well awer d'Populatioun weider wüsst an domadder och d'Besoinen u medezinnescher Fleeg, schafft dës Gesetz d'Méiglechkeet, dass Antenne vu Spidolsservicer op neie Sitte geschafe ginn. Dobäi gëtt d'Philosophie vum Spidolsgesetz awer respektéiert, déi Philosophie, déi seet, dass een net iwwerall alles ubidde soll. Betraff si follgend Servicer: d'Dialys, d'Dageschirurgie, d'Onkologie, d'Imagerie médicale, wouzu och ëmmer och déi schwéier Diagnosticekipementen IRM, Scanner, Mammograf an esou weider gehéieren.

D'Initiativ vun deenen neie Strukturen kann esouwuel vun engem Grupp vun Doktere wéi och vun de Spideeler ausgoen. D'Zesummenaarbecht vun den Dokteren – an dat ass an deemem Text ganz wichteg – an de betraffene Spideeler gëtt iwwer Konventiounen gereegelt a betrëfft déi Apparater an Ekipement, déi an der Annex 3 vun deemem Gesetz stinn. Fir de Rescht sinn d'Doktere fräi, déi Zentren esou ze organiséieren, wéi se et fir richtig halen.

Wat déi Apparater betrëfft, déi an der Annex 3 stinn, do gëtt duerch Konventiounen mat de Spideeler e Lien mam Spidol geschafen. Dës ass wichteg, fir eng Continuité des soins ze erméiglechen. Et erméiglecht och, dass d'Dokteren un de Services de garde bedeelegt ginn an natierlech och, dass fir d'Personal déi selwecht Konditiounen gëlle wéi an engem Spidol, well duerch d'Penurie vum Personal si mer an esou enger Situatioun, dass mir eis keng Konkurrenzsituatiounen tësche Spideeler an neie Strukturen kënnen erlaben.

Dës zousätzlech nei Sitte wäerten dann och mat effentleche Gelder kënnen finanziert ginn, esou wéi et haut scho fir déi besteend Spidolinfrastrukturen de Fall ass a wou de Fonds spécial des investissements hospitaliers seng Roll spillt an 80 % kofinanziert. Esou ka séchergestallt ginn, dass den Zougang fir jiddweree garantéiert ka ginn.

Well esou Projeten awer erfahrungsgeméis relativ laang kënnen daueren, bis dass se geplangt, gebaut an a Betrib geholl ginn, besteet hei och d'Méiglechkeet, op existent Sitten zrëckzegräifen. Dës kënnen dann als Sites ambulatoires fonctionéieren. Hei kann dann och eng Locatioun souwuel fir d'Gebailchekeete wéi fir d'Apparate bezuelt ginn. Fir dës Sitte gëtt dann och en neie Finanzéierungsmodell duerch Forfaiten agefouert. Dës Forfaite gi vun der CNS iwwerholl.

Wat elo d'Apparater betrëfft, déi net an der Annex 3 stinn, déi därer selbsterständlech an Dokteschpraxissen opgestallt a bedriwwen ginn. Och fir dës Apparate gesäit dës Projet méi Flexibilitéit vir. Dofir gëtt mat deemem Gesetz och de Code vun der sozialer Sécherheet esou ëmgeännert, dass hei och e forfaitaire Finanzement pro Duerchgang méiglech ass.

Duerch dës Virgeesweis wäerten nei Zentren do entstoen, wou se Sënn erginn, an net nëmmen do, wou se am meeschten erabréngen. Et geet deemno drëms, e Wildwuchs ze verhënneren, e Wildwuchs, deen et zum Beispill an engem vun eisen Nopeschlänner gëtt a wou se am Moment amgang sinn, ganz zolidd zrëckzerudder.

Wat déi schwéier Geräter ugeet, huet dëse Projet eng laang Virgeschicht. Si huet 2017 mam Refus vun der Santé ugefaangen, en IRM-Gerät an e Scanner an enger Privatpraxis ze erlaben. D'Santésministesch hat d'Gefor vun enger Zwouklassesmedezinn identifizéiert a sech deemools ënnert anerem op d'Gesetz vun 1983 beruff, dat d'Ausübung vum Dokteschberuff reegelt.

Op dësem Gesetz huet e groussherzoglecht Reglement baséiert, dat eng Lëscht vun Apparater festgehalen huet, déi net hunn dierfe vun Dokteren an Zänndokteren an hire Privatpraxissen installéiert ginn. Dës Dispositioun ass vun den Initiatoren vum Projet viru Geriicht ugefecht ginn, wourobber schliisslech 2019 d'Verfassungsgeriicht en Urteel geholl huet. A sengem Arrêt mat der Nummer 148/19 huet d'Verfassungsgeriicht d'Basis vum Refus vun der Santé net akzeptéiert. D'Resultat war dee Vide juridique, vun deem ech virdru geschwat hunn. Dëse Vide juridique gëtt elo vun dësem Gesetzesprojet, deem eis haut virläit, erëm gefëllt.

Konkreet ass eng nei Lëscht vu schwéieren Apparater an Ekipementer erstallt ginn, déi engem vun de folgende Kittäre mussen entsprechen: éischters mussen se enger nationaler Planifikatioun ënnerleien, zweetens brauche se héich qualifizéiert Personal, fir kënne gebraucht ze ginn, oder drëttens, si kënnen nëmmen ënnert spezifeschene Uwendungsgebäidder (veuillez lire: Uwendungsbedingungen) benotzt ginn. Dës Lëscht vun Apparater an Ekipementer gëtt an d'Spidolsgesetz vun 2018 integréiert, méi genau an d'Annex 3 vum Gesetz. Do fënnt een zum Beispill Apparater erëm wéi den IRM, awer och d'Mammografiegeräter oder nach Ekipement, dat noutwendeg ass, fir eng Anesthésie générale duerchzuführen. Beträff sinn dann och d'Geräter, déi méi wéi 250.000 Euro kaschten. Mir schwätzen hei deemno net vu lichte Geräter, mee vu gréisseren Investitiounen, déi net einfach esou an enger Privatpraxis oder vun enger Privatpersoun ze stemme sinn. Esou Apparater dierfen net a private Praxissen installéiert ginn a si fir de Spidolssektor reservéiert.

Wéi bei de Spidolsantennen erlaabt dës Virgeewensweis eng Planifikatioun a gëtt de Grondprinzipie vun eise Gesondheetssystem gerecht. Déi nei Spidolsantennen an eng zolidd Reglementéierung vun den Autorisatiounen vun deene schwéieren Apparater sollen eng Kommerzialiséierung vun der Medezinn verhënneren, déi, wéi gesot, an eenzelne Länner zu enger Zwouklassesmedezinn gefouert huet an net méi den universellen Accès garantéiert.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Dann zu den Aarbechten an der Santéskommissioun: Dëse Gesetzesprojet ass den 23. Mee 2022 vun der Madamm Santésministesch deposéiert ginn. Den éischten Avis vum Staatsrot ass de 25. Abrëll komm. Niewent enger Rei vu méi techneschene Oppositionen formelles huet de Staatsrot virun allem eng méi fundamental Fro gestallt. Et war déi, ob d'Restriktiounen vun der Ausübung vum liberalen Dokteschberuff justificéiert wieren. Hien huet virun allem de Fall vun enger Persoun oder Personne morale thematiséiert, déi selwer wéilt en Apparat vun iwwer 250.000 Euro finanzéieren a bedreiwen an huet weider Explikatiounen gefrot. Ouni dës Explikatiounen hätt hien d'Dispens vum zweete Vott net ginn. D'Regierung huet dës Explikatiounen nogeliwwert. De Staatsrot huet a sengem zweeten Avis vum 13. Juli d'Oppositionen formelles opginn, dat awer net, ouni nach gewësse Bedenken ze äusseren, wat d'Ufegbarkeet vun eenzelnen Dispositiounen am Gesetz ugeet.

Niewent dem Avis vum Staatsrot hu mer nach eng Rei vun aneren Aweise kritt, déi zum Deel ganz wäit auserneeelen. Op där enger Säit hu mer d'Chambre des Salariés an d'Spidolsfederatioun oder de Conseil supérieur de certaines professions de santé, déi dem Projet positiv géintwärtstinn an e begrëssen, wat natierlech net verhënnert, dass se eenzel Kriticken ausüben a weider Suggestiounen maachen. Op där anerer Säit hu mer de Collège médical an d'AMMD souwéi d'Autorité de la concurrence, déi dëse Projet méi kritesch gesinn an zum Deel carrement ofleenen.

Ech wëll hei awer och ganz kloer soen, dass déi Behauptung, dass ee vun deenen Aweisen hätt sollen ënnerschloe ginn, absolute Quatsch ass! Ech wëll dat elo mol esou soen: Et war ni d'Intentioun vun der Santéskommissioun an och net vun der Regierung, en Avis vun der AMMD ze ënnerschloen! Deen Avis ass just iwwert e falsche Wee erakomm a soubal mir e kruten, ass en iwwer Courrier électronique zougestallt ginn, och schonn, ier de Protest erakomm ass. Ech wëll also net alles am Raum stoelossen, wat an der Lescht behaupt ginn ass – an hei schwätzen ech als Rapporteur vun der Commissioun, wou ech dee Reproche un d'Commissioun net gëlle loosse!

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Fir de Rescht bleiwen ech zen, ...

(Hilarité et brouhaha)

... op jidde Fall esou laang, wéi ech Rapporteur sinn.

Woubäi – wat ech awer wëll soen – de Collège médical a sengem zweeten Avis méi nuancéiert ass. E weideren Avis ass dee vun der Handelskummer a vun der Chambre des Métiers, dee sech méi mat der finanzieller Situatioun vun der Gesondheetskeess auserneeetzt.

Dir fannt de Resümee vun deene verschiddenen Aweisen an eise schréffleche Rapport a selbstverständlech déi ganz Aweisen um Site vun der Chamber.

Dëst geméischent Bild aus den Aweisen huet een och an der Santéskommissioun erëmfonnt, wou de Rapport de 17. Juli 2023 mat de Stëmme vun der Majoritéit ugehall ginn ass.

Ier ech zum Schluss kommen, erlaabt mir nach eng kleng méi perséinlech Reflexioun: Dëst Gesetz festegt eise Gesondheetssystem a setzt de Patient an de Mëttelpunkt an net eventuell kommerziell Intereten; e Gesondheetssystem, ëm dee mir am Ausland oft beneit ginn an dee sech an der Pandemie bewäert huet. An och hei am Land ass d'Satisfaktioun grouss, wann een déi rezent Sondagë kuckt.

(Interruption)

Dat wëllt net heeschen, dat wëllt net heeschen – an ech ënnersträichen dat! –, dass et keen Handlungsbedarf méi gëtt, well mer a verschiddene Beräicher, zum Beispill bei de Waardezäiten, en Handlungsbedarf hunn, awer och bei dem Gesondheetssystem insgesamt, inklusiv de Medezinner. Dorop muss reagéiert ginn an et gëtt och reagiert. Esou ass d'Zuel vun den IRMen – well do ass et jo am Ramen –, ronderëm dat Gesetz zu deene meeschten Diskussiounen komm – an deene leschten zwee Joer bal verduebelt ginn an de Fonctionnement op Weekender ausgedeeent ginn. Aacht nei Mammografie ginn installéiert an och hei sollen d'Lafzäite verlängert ginn.

Well d'Medezinn keng Wuer wéi eng aner ass an net zum Spekulationsobjekt därff ginn, ass et immens wichteg, dass mir de Vide juridique, dee säit dem Urteel vum Verfassungsgeriicht bestanen huet, mat dësem Gesetz fëllen. A gläichzäiteg reagiere mer a

besseren do no, wou et noutwendeg ass, andeem nei Strukturen, nei Antenne geschafe ginn, awer eeben am Zesummespill zwëschen den Acteuren an net géinteneen. A wann d'Pandemie eis eppes gewisen huet, da wéi wichteg d'Gesondheet – an domat och de Gesondheetssystem – ass. An eise System hei zu Lëtzebuerg huet standgehalen, dëst dank dem groussen Asaz vun de Leit, déi am Secteur schaffen, mee och well mer e robuste System hunn, deen eeben net just op Profit ausgeriicht ass. An dëst Gesetz wäert sécherstellen, dass dat och esou bleift.

Eng lescht Remark: Ech hoffen, dass d'Diskussioun vun haut kloer mécht, dass de sougenannte Virage ambulatoire méi ass wéi e Sträit iwwer IRMen. Den Ambulatoire begräift och – a wäitgeend – eis Basismedezinn, eis Hausdokteren, Kannerdokteren an anerer an, déi eng formidabel Aarbecht leeschten. An dëse Projet ass eng echt Plus-value, well en en Zesummen, e bessere Service fir de Patient, wäert bréngen.

Ech soen Iech Merci fir d'Versteesdemech, dass ech dat mat grousssem Engagement hei maachen. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV) | Villmools merci, Här President. Ech wëll och ufänken, andeem ech dem Rapporteur Mars Di Bartolomeo villmools Merci soe fir säi Rapport a fir seng Stellungnam, déi en elo ofginn huet, well ech denken, dass dat jo elo béides war, zumindest zum Schluss, esou wéi mer e kennen.

Ech fänken un, andeem ech soen: Mir sinn elo dräi Méint virun de Wale, mir sinn déi lescht Woch hei an der Chamber, zweetleschten Dag. Laang Zäit ass an der Gesondheetspolitik viles vum Covid verdeckt ginn. A wann een haut de Bilan vun der Gesondheetspolitik mécht, da gesäit een awer, dass viles net fonctionéiert, wat elo zum Virschäi kënnt.

Ech wëll awer soen: Déi meeschte Probleemer, déi mer elo gesinn, sinn net Probleemer, déi elo urgent opgedaucht sinn oder déi a sech immediat elo einfach do sinn, mee et si Probleemer, déi mer schonn eng ganz Rei Jore kannt hunn, méi wéi zéng Joer. Ech ka mech erënneren, dass mer scho virun zwou Walcampagnen iwwert déi selwecht Probleemer geschwat hunn, déi nach ëmmer no zéng Joer net geléist sinn. Ech stelle fest, dass mer no zéng Joer Gesondheetspolitik vun dëser Regierung an zentrale Probleemer vun der Gesondheetspolitik net weiderkomm sinn.

An elo kënnt an deem leschte Moment ..., an deene leschte puer Woche kommen hei op d'Chamber eng Rei Texter zou, déi eragereecht an deelweis probéiert ginn, duergedréckt ze ginn.

Ech ginn e puer Beispiller.

Dat éischt, dass ass d'Gesetz iwwert d'Gesondheetssystem, wou mer de leschten Dag vum Juni – just virum 1. Juli – am Fong obligéiert waren, e Gesetz, dat ëmgekippt gi war vun de Gerichter, ze ersetzen. Do ass dee leschten Dag dann en Text komm, dee mer just a sech ageschriwwen hunn an d'Gesetz, wat sengerzäit am Règlement grand-ducal war, ouni am Fong déi wichteg Diskussioun iwwert d'Gesondheetssystem, iwwer hir Attributiounen, ze féieren. Dat huet misse gedréckt ginn, duergedréckt ginn, soss wäre mer och do ze spéit gewiescht.

Zweetens, dee virun e puer Wochen ugekënnegte groussen neie Projet zu der Informatik. Do schwätz mer och scho säit méi wéi zéng Joer am Fong driwer! Dat huet – wat an deene leschte Jore gemaach ginn ass – Milliounen kascht. Milliounen kascht! An elo kréie mer gesot: „Et muss alles frëschgemaach ginn“, wou mer och d'accord sinn, datt et muss frëschgemaach ginn, mee dat hätt scho längstens – längstens! – missen an Optrag gaange sinn – ob dat den DSP, d'Informatik an de Spideeler, ass, oder dat, wat mat Applikatiounen bei Doktere fir de sogenannte „payement immédiat“ gemaach ginn ass. Alles dat ass längstens a Verspéidung. Do gesi mir och en totalen Echec dran.

Drëttens gëtt elo déi Centrale nationale d'achat ugekënneg. Ech sinn och d'accord, datt dat muss gemaach ginn. Mee och dat hätt scho längstens kënnen op de Wee bruecht ginn.

Véiertens kréie mer elo virun e puer Deeg e Plan national santé, de Plan national santé, deem am Fong am Regierungsprogramm ugekënneg war, fir a sech déi grondsätzlech Schrëtt vun enger neier Gesondheitspolitik unzekënnegen. Dee gëtt dann elo zum Schluss vun der Legislaturperiod, e puer Deeg éier d'Chamber zoumécht, hei virgeluecht, ouni datt awer déi eenzel Acteuren, déi do matgeschafft hunn, sech dran erëmfannen! Well wann ee mat deenen Einzelne schwätzt, da soe se: „Mir haten zwar e Gesondheitsdësch, mee de Plan national santé bréngt awer net dat erëm, wat um Gesondheitsdësch an eisen Diskussiounen gefouert ginn ass.“

Fënneftens, de Projet pilote iwwer Cannabis kréie mer hei an enger Pressekonferenz ... An enger Santéskommissioun kréie mer dann e Projet pilote virgestallt, deem awer net an dëser Legislaturperiod soll kommen, mee dann elo emol a Grondprinzipie virgestallt gëtt, a wou déi nächst Regierung da gebiede gëtt, wannechgelift, dee Projet pilote ëmzesetzen.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler (CSV) | Alles iwwert de Knéi gebrach! Wichteg Texter wéi Dokteschpraxissen – déi mer elo net kréien!, wou ech awer gemengt hätt, déi wärend mindestens gradessou wichteg, wéi deen Text, iwwert dee mer haut schwätzen –, déi sinn net gepusht ginn. Déi si liebliwwen. An da komme mer hei op en Text vum Ambulatoire, deem an eisen Aen och esou schnell an deene leschten Deeg gaangen ass, datt et relativ schwierig ass, fir d'Iwwersiicht doranner ze behalen.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

An dee leschten Text, deem net komm ass, soen ech, datt sinn déi Pandemiesetzer, déi mer onbedéngt gär gehat hätten, an d'Evaluatioun vun der Covid-pandemie, wou et awer weesentlech gewiescht wär, déi richtig Konklusiounen draus ze zéien a sech virzebereeden, op dat, wat hoffentlech net – mee eventuell – kann nach eng Kéier op eis zoukommen.

Am Fong beweist dës Situatioun just en Echec vun der Gesondheitspolitik vun dëser Regierung: nach eng Kéier fënnef Joer Stillstand, an elo an deene leschte Wochen en oniwierluechten Aktionismus virun Torchlusspanik.

Mee ech kommen awer zum Dossier, deem haut um Ordre du jour steet. E steet am Regierungsprogramm: den Ambulatoire an d'Hospitalisation à domicile, an deem selwechte Saz. Hospitalisation à domicile hunn ech nach net vill gesinn. An elo hu mer hei en Text vum Ambulatoire virleien, nodeem datt am Fong jorelaang och do näischt geschitt ass.

Dir wësst, déi éischt Demande, fir den IRM opzestellen, hate mer 2017, ënnert der leschter Regierung

nach. Duerno ass 2019 eng Question préjudicielle komm an en Urteel vun der Cour constitutionnelle, wou am Fong d'Reglement, wou eng Interdictioun vun deenen Apparaten drasteet, datt se net a Privatpraxisse kommen, als anticonstitutionnell erkläert ginn ass.

Duerno ass véier Joer – véier Joer! – näischt geschitt! Dräi Gesondheitsministeren, déi näischt gemaach hunn an déi den Dossier am Fong eng ganz Zäit, an eisen Aen, einfach verfaule gelooss hunn.

Plusieurs voix | O!

M. Claude Wiseler (CSV) | Et ass eréischt, wéi um Terrain reagiert ginn ass, et ass eréischt, wéi um Terrain Saachen en place gesat gi sinn – ënnert dem Drock vum Terrain, well déi net stallgehalen hu mat enger Regierung, déi am Fong näischt gemaach huet –, wou dann d'Regierung reagiert huet a wou d'Regierung alles gemaach huet, fir Initiative vun Dokteren ze ënnerdrécken. A wann ee se net ënnerdréckt krut, da se, wa méiglech, ënner Tutelle ze setzen. An dat ass dat, wat an eisen Ae mat dësem Text geschitt.

An eisen Aen ass et ganz kloer, datt een och hätt juristesche kënnen ënnert deem aktuellen Text eng Rei Saachen autoriséieren, well d'Gesetz vun 2018 iwwert den Hospitalier sech, an eisen Aen, haaptsächlech op den Hospitalier an net op d'Privatpraxisse bezieht.

En Text, deem an eisen Aen an der Panik entstanen ass, dee schnell fabrizéiert ginn ass, dee kenger rationaler Logik entsprécht an deem elo Norm zu Lëtzebuerg soll ginn, deem eng Mauer ronderëm d'Spidol baut, dee keng Entlaaschtung fir d'Spidol bedeit an haaptsächlech och keng Entlaaschtung fir de Patient bedeit.

A wann ech dann déi eenzel Avisse liese vun deene Leit, déi sech awer dran auskennen, wéi zum Beispill dem Collège médical, deem a sengem éischten Avis seet, datt dat hei op kengem Fall deem entsprécht, wat am Gesondheitsdësch gesot ginn ass, datt et ouni Consultatiounen gemaach ginn ass, datt et och, an de Collège médical gebraucht den Term, e „bäcléierten“ Text ass, deem absolut hospitalozentriert ass, dee keng Chance fir Privatmedezinn gëtt, dann ass den Avis zumindest kloer an däitlech. A mir sinn net déi Eenzeg, déi dat hei soen.

Wann ech den zweeten Avis liesen ... An de Rapportier huet gesot, dee wär méi gedam. En ass vläicht am Toun méi gedam, mee wann ech Iech awer virlesen, wat en inhaltlech seet, dann ass d'Saach ganz kloer: „Il est ainsi coupé court à toute initiative ‘privée’ d'élargissement de l'offre de soins dans le secteur extrahospitalier. Or comme déjà signalé dans l'avis du Collège médical, l'initiative privée est souvent plus dynamique et efficace et plus proche de l'environnement socio-culturel du patient que la lourdeur administrative des institutions hospitalières.“ Dann ass kloer an däitlech, wat d'Meenung vum Collège médical ass.

Wann ech den Text vun der Autorité de la concurrence kucken, déi sech autosaiséiert huet mat deem Text, dann ass et och kloer. D'Autorité de la concurrence seet, datt mer et hei kloer mat enger Mise sous tutelle ze dinn hunn. „Cette tutelle des centres hospitaliers constituerait une entrave injustifiée à la liberté du commerce et de l'industrie.“ A se erkläert da kloer an däitlech, wisou an a wat fir engen Texter dat juristesche festgeluecht ginn ass. Jo, et muss ee sech och un déi europäesch Legislatiounen halen, ansonste leeft ee juristesche an eng Mauer.

Den Avis vum Conseil d'État seet a sech genau dat selwecht. Den Avis vum Conseil d'État stellt

fest, deem éischten, datt d'Ministesch un hirem Verbuetsprinzip festhält an datt esou e Verbuet net justifiéiert ass, ausser mat der Ausso vun der Regierung, datt se en Outil de planification brauch, fir d'Protection de la santé ze garantéieren an den Accès égalitaire ze garantéieren.

De Conseil d'État huet a sengem éischtem Avis gesot, datt et aner Moyene géif ginn, fir déi Ziler ze erreechen, an huet dofir eng Rei zousätzlech Explikatiounen gefrot.

Ech hunn och déi Justifikatiounen gelies, déi de Ministère duerno an de Conseil d'État erabruecht huet. Et sinn am Fong zwou grouss Justifikatiounen: Déi éischt ass d'Urgence vun der Situatioun – do muss ech Iech awer soen, datt d'Regierung selwer responsabel ass fir eng Urgence, déi se geschaaft huet, nodeem se eng Rei Joren net reagiert huet drop –; an d'Craines et dangers vun dem Système de santé, dee „mis en péril“ wär, wann deen Text hei net géif kommen, weinst dem Personnel qualifié manquant respectivement dem Coût trop élevé an dem Gaspillage des finances.

Ech soen: All déi Argumenter sinn an deenen Texter, an deene Justifikatiounen, a mengen Aen net bewisen. Et sinn emol einfach Behauptungen, datt dann alles a Gefor gesat wier. A wann et wouer wär, géif et just d'Fragilitéit vun eise Gesondheitssystem beweisen, wat och dann eng politesch Responsabilitéit wär. A mir sinn der Meenung: Wann een dat uerdentlech en place géif setzen, géif een haaptsächlech eng besser Accessibilitéit fir de Patient domadder erreechen an en Degorgement oder e manner groussen Engorgement vun de Spideeler, wat absolutt sënnvoll gewiescht wier.

Den zweeten Avis vum Conseil d'État ass – an ech drécken et elo emol esou aus –, a mengen Aen, an eisen Aen, erstaunlech, well op dräi Säite mécht de Conseil d'État e Plädoyer géint dësen Text – ech kommen nach drop zrëck –, fir dann awer net ganz kohärent mat sengem Plädoyer feststellen, datt en awer elo seng Reserven ophieft.

Ech wëll awer dee Plädoyer, dee fir mech interessant ass, nach eng Kéier am Detail duerchhuelen.

D'Regierung seet ... De Conseil d'État, dee plädéiert emol fir d'éischt a senger Justifikatiounen, datt d'Regierung eng Marge d'appréciation hätt, wéi se nom Arrêt vun der Cour de justice européenne eng Santépolitik géif kënnen en place setzen. Just do seet de Conseil d'État ganz kloer: „Dat ass zwar richtig, mee déi Marge d'appréciation, déi muss awer uerdentlech justifiéiert sinn an et muss haaptsächlech kloer an däitlech bewise ginn, datt déi Decisiounen vun enger Regierung „les moins incisives possibles“ sinn.“ An dat ass awer hei an eisen Ae manifestement net de Fall.

An da firt de Conseil d'État weider mat senger Analyse, wou e sech op d'Constitutioun berëfft, iwwert d'„restriction d'exercer une profession libérale“, wou e sech op d'Charte des droits fondamentaux berëfft, wou e sech op d'Jurisprudence vun der Cour de justice de l'Union européenne berëfft. An ech liesen Iech einfach déi Texter gär vir, well et muss kloer sinn, datt dat net eleng vun eis kënn, mee datt och de Conseil d'État, och wann e seng Reserven ophieft, awer ganz staark Bedenken huet a kloer an däitlech seet: „Lorsqu'un choix s'offre entre plusieurs mesures appropriées, il convient de recourir à la moins contraignante et les inconvénients causés ne doivent pas être démesurés par rapport aux objectifs visés“, wat an eisen Aen hei kloer de Fall ass.

An de Conseil d'État firt selwer weider: „Or, en continuant à réserver l'utilisation des appareils et équipements visés à l'annexe 3 au seul secteur

hospitalier, les auteurs optent certes pour une solution non incisive par rapport au système existant", dat ass jo evident, well et genau déi selwecht ass, déi am System existéiert, „mais“, fiert e weider, „continuent à restreindre et contrôler l'accès à l'acquisition et à l'utilisation de ces appareils et équipements dans un souci de planification“. Och dat ass an eisen Ae kloer an daitlech, wat d'Intentioun hei vum Conseil d'Etat ass a wat e juristesch domadder ausdréckt.

An da seet en nach hannendrun, datt d'Regierung och ni faktuell bewisen huet, firwat déi eenzel verbueden Apparater eng national Planifikatioun géife brauchen oder „personnel hautement qualifié“ oder eng Planifikatioun wéinst dem Coût, a reprochéiert am Fong implizitt do der Regierung, datt déi Justifikatiounen zumindest an deem Detail net wäit genuch ginn.

De Conseil d'Etat seet dann, e géif seng Reserven ophiewe wéinst der „urgence“ an de „craintes et dangers exprimés“. Dat ass fir eis onverständlech. Mee wat de Conseil d'Etat gradesou verständlech hannendru seet, dat ass, datt, wann dësen Text haut gestëmmt gëtt, dann huet dat, da kann dat a wäert dat warscheinlech als Konsequenz hunn, datt dëst Gesetz sécherlech juristesch ufechtbar wär. A wann de Conseil d'Etat dat schonn an aller Daitlechkeet seet, dann heescht dat eppes. An eisen Aen hält dësen Text juristesch d'Strooss net. A wann en ugesicht gëtt, si mir der absolutter Iwwerzeegung, datt den Text wäert gekippt ginn.

An eisen Aen huet nämlech de Conseil d'Etat an deenen zwee Avisen – an dat ass dat, wat jo wichteg ass – eng perfekt Argumentatioun ginn, déi all Affekot ka gebrauchen, wann e virun en Tribunal oder eng Cour geet, fir a sech seng Plaidoirie ze maachen. Déi huet e scho fäerdeg geschriwwen, virbereet vum Conseil d'Etat do a brauch sech am Fong nëmmen drop ze beruffen. Dat ass fir all Affekot nu wierklech en einfacht Spill an dësem Fall.

An da seet d'Madamm Ministesch ... Dorobber ugeschwat an enger Kommissioun äntwert se eis ganz cool, seet se: „Jo, jiddwer Text ka gechallengeet ginn.“ Wat en Ausdruck! Jiddwer Text. Dat ass jo och richtig! Jiddwer Text ka gechallengeet ginn, mee et ass awer kaum en Text, wou d'Argumentatioun vum deem Challenge, deen da kënnt respektiv deen usicht, wat da kënnt, deen esou kloer a plädoyersräif vum Conseil d'Etat scho geliwwert gëtt, mat der klorer an daitlecher Umierkung vum Conseil d'Etat, datt déi do Gefor besteet – mat alle Konsequenzen, déi dat huet. A wann et da just e Kippe vum Gesetz wär, wär dat jo nach net esou dramatesch. Mee dat, wat hannendrun ass, dat huet jo Konsequenzen. Wann elo Kontrakten ënnerschriwwen ginn, wa Saachen en place gesat ginn an d'Gesetz huet do keng Valeur juridique, jo mee da sinn evidenterweis Konsequenzen fir de Gesondheetssystem do an dann hu mer e richtege Problem duerno! An dee wëlle mer evitéieren. An dee soe mer haut ganz kloer. Wa mer an zwee Joer nach eng Kéier doriwwer schwätzen, rappeliere mer nach déi Ried, déi mer haut gemaach hunn.

Wat hätte mir gemaach? Well duerno gëtt jo gesot: „Mee Dir hutt keng Propositioun, Dir sidd just dergéint!“ Wat hätte mir gemaach? Ma éischters: dësen Text net! Zweetens, d'Privatinitiativ autoriséiert an ënnerstëtzt an enger ganz anerer Philosophie mat verschiddene Prinzippien, déi och musse kloer sinn: éischters mam Prinzip, fir d'Zwouklassemdezinn ze evitéieren – mir sinn der Meinung, datt de System haut, wéi en ass, schonn eng Zwouklassemdezinn ass, well vill Leit an d'Ausland ginn, mussen an d'Ausland goen, déi sech et kënne leeschten, fir Accès zu medezinnesche Soinen ze hunn –, fir d'Qualitéit

ofzesécheren, e Prinzip, dee mer festgehalten haten, fir de Käschtepunkt am Grëff ze behalen, fir a sech och dee selwechte Präis vun de Leit ze froen, ob se an d'Spidol ginn oder an eng Privatpraxis, a selbstverständlech datt Ganz am Kader vum Conventionnement obligatoire, dee mat eis net wäert ugepaakt ginn. Och dat wëll ech eng Kéier kloer an daitlech soe fir all déi Leit, déi aner Saachen, eppes aneres behaapten.

Mir hätten d'Nomenklatur vun der CNS dohinner gedréckt, datt e Remboursement iwwert den Akt komm wär an iwwert d'Location du matériel, fir a sech kënne der Risque financier, deen déi Privat droen, dann iwwert d'Zäit ze iwwerhuelen, wann et da fonctionéiert.

Mir hätten och eng Konventioun mam Spidol gemaach, mee dat wär awer keng Konventioun de mise sous tutelle, wéi se a sech hei an dësem Gesetz festgehalten ass, mee haaptsächlech eng Konventioun, fir d'Continuité des soins ze garantéieren.

Mir hätten e klore legale Kader geschaaft, fir a sech dat ze evitéieren, wat effektiv eng Gefor ass, datt heescht, datt do privat Minikliniken opgebaut gi respektiv datt Financieren oder aner finanziell Gruppen an esou Projete mat eraklammen. Dat soll, dat muss reservéiert bleiwe fir Dokter an a fir Medezinn domat ze maachen, net fir finanziell Gainen domadder ze maachen. Dat ass kloer, dat kann een och an engem Text, wann een e klore legale Kader schaaft, festhalen, an och fir d'Qualifikatioun vum Personal ofzesécheren, dat an esou Zentere schafft.

Mir hätten och e klore Kontrollsystem agefouert, well natierlech – an dat ass eng Remark, déi ee ka maachen –, wann een an de Privatsystem mat erageet, da muss e Kontrollsystem kommen, fir selbstverständlech all Abusen ze ënnerbannen. Och dat ass méiglech.

A mir hätten de Gesetzesprojet iwwert d'Dokteschpraxissen zumindest gläichzäiteg zu dësem Text gemaach. Dat heescht, och do vun eiser Säit kloer Propositionen an Alternativen.

D'CSV freet haut, datt dësen Text net soll gestëmmt ginn, net nëmmen, well mer der Meinung sinn, datt en inhaltlech falsch ass – där Meinung si mer och –, mee haaptsächlech, well mer der Meinung sinn, datt e juristesch absolutt problematesch ass an datt, wann e gekippt gëtt vun de Gerichter, dat da Konsequenzen op eise Gesondheetssystem huet a problematesch Konsequenzen op eise Gesondheetssystem huet. Well da sti mer virum Naischt a virun der onreglementéierter Situatioun, déi ech als extreem geféierlech empfinden.

Dofir hat ech och en Appell un aner Parteie geriicht, notament un déi liberal Partei, fir am Fong dat, wat se säit Méint als Iddien ausdrécken, haut ënner Beweis ze stellen, fir haut och géint dësen Text ze stëmmen. Ech krut d'ailleurs schonn eng Äntwert, mengen ech, vum President vun der Fraktioun, dee mer gesot huet, dat hei géif hien als éischte Schrëtt an déi richtig Richtung consideréieren. Ma ech soen Iech: Ech consideréieren dat hei als zéngte Schrëtt an déi falsch Richtung ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler (CSV) | ... an ech froen Iech dann, wat deen zweete Schrëtt an Är richtig Richtung soll hannendru sinn! Elo sinn ech awer ganz gespaant, Är Explikatiounen ze héieren.

Ech mengen, datt dësen Text muss schnellstens ëmgeännert ginn, soubal wéi méiglech, well en eis a Riseproblemere wäert eraféieren, a riseg juristesche Problemer an a riseg Problemer an der Realitéit um Terrain!

An der Konklusioun soen ech: Mir stelle fest, datt de Ministère de la Santé, d'Ministesch, hei de Kurs vun der zentral gesteierter Gesondheetsspolitick stuer weiderféiert, géint all juristesche Argumenter, géint d'Partner am Gesondheitsberäich a mat engem schlechten, bâcléierten an net diskutéierten Text!

Mir stelle fest, datt kee vun de Problemer an der Gesondheetsspolitick, déi an deene leschte Joren ëmmer an ëmmer erëm diskutéiert gi sinn, geléist sinn, weeder den Accès zur Medezinn, nach d'Digitalisatioun, nach de Mangel un Dokter an u Personal!

Mir stelle fest, datt mer amgang sinn, an der Medezinn Entwécklungen ze verpassen, wéi de richtigen Ambulatoire, wéi d'Telemedezinn, wéi d'Hospitalisation à domicile, datt mer duerch Netdecisiounen, deelweis duerch Blocagen, de System an Enkpass an eisen Ae gedriwwen hunn.

Mir stelle fest, datt den Dialog mat de Partner net richtig fonctionéiert, ob dat elo d'Dokteren oder d'Gewerkschafte sinn. Dës Gesondheetsspolitick an dësen Text ginn an eisen Ae laanscht déi Leit am Beruff, laanscht d'medezinnesch Fräiheet, laanscht de Patient, deen hei net am Mëttelpunkt vun dësem Gesetz steet, laanscht eng uerdentlech medezinnesch Versuergung zu Lëtzebuerg, an dofir wäerte mer mat Neen zu dësem Text stëmmen!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Ganz gutt! Alles op de Punkt bruecht!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem honorabelen Här Wiseler. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Mme Carole Hartmann (DP) | Här President, Kolleginnen a Kollegen, de Lëtzeburger Gesondheetssystem huet den Usproch, all Bierger en egalitären Zougang zu medezinnesche Soinen an héijer Qualitéit ze garantéieren. Leider gëtt et ëmmer méi schwierig, dësem Usproch och gerecht ze ginn. Laang Waardezäiten a wäit Displacement gehéieren zum Alldag vu ville Patienten, déi op medezinnesch Hëllef ugewise sinn.

Dat läit engersäits um demografesche Wandel. Eis Gesellschaft wiisst net nëmmen, nee, se gëtt och ëmmer méi al. An domadder klëmmt och d'Zuel vun de gesondheetleche Problemer, virop de chronischen Erkrankungen, wat Laangzäitbehandlungen mat sech bréngt.

Anerersäits feelt et un ëmmer méi Dokter an anere qualifizéierte Gesondheetspersonal. Déi Dokter, Infirmieren, Aide-soignants, Hiewannan an esou weider, déi nach do sinn, mussen also ëmmer méi Patiente behandeln. Den Drock op si wiisst, fir dëser Aarbechtslaascht an de Besoinen vun hire Patiente gerecht ze ginn. Gëtt dësen Drock méi grouss, verstärkt dat natierlech d'Onzufriedenheet. Manner jonk Leit sinn da bereet, e Beruff an dësem Secteur ze wäien. Domadder entsteet en Däiwelskrees.

De Rapport Lair huet 2019 kloergemaach, datt mir dréngend déi néideg Weiche musse stellen, jo, och nei Weeër goe mussen, fir dësen Trend ëmzedréien. Mir mussen e Gesondheetssystem schafen, dee Jonker motivéiert, e Gesondheetsberuff ze wäien, a méi Dokter an Gesondheetspersonal op Lëtzebuerg zitt.

Firwat muss de Gesondheetssektor méi attraktiv ginn? Ganz einfach: Well et ëm de Patient geet an dem Patient seng Besoinen ëmmer am Mëttelpunkt stoe mussen. Ouni Dokter an Gesondheetspersonal keng Gesondheetsversuergung!

Am Februar 2020 gouf de Gesondheetsdësch an d'Liewe geruff, fir zentral Sujete vun der Gesondheetspolitick zesumme mat de concernéierten Acteuren ze beschwätzen. Den Ausbroch vun der Pandemie huet d'Wichtigkeet vun esou enger Initiativ ënnerstrach.

Esou weidergoe, wéi bis elo, kann et nämlech net. Ech hunn déi laang Waardezäiten an d'Deplacementer schonn ugedeit. Jiddereen hei am Sall kennt mat Sécherheet op d'mannst eng Persoun, déi wochelaang op e Rendezvous fir en IRM, en CT-Scanner oder eng Mammografie oder och soss e medezinneschen Akt huet waarde missen. An ech schwätzen hei net vu Waardezäite vu just zwou Wochen. Dat ka jo ëmmer emol virkommen. Nee, et si Waardezäite vu 6, 12, jo souguer bis zu 18 Méint, déi virkomm sinn. Dat ass einfach inakzeptabel an dierf net esou weidergoen!

D'Konsequenz vun dëse Waardezäiten ass déi, dass déi Patienten, déi sech et leeschte kënnen, op déi selwecht medezinnesch Servicer a kierzter Zäit am noen Ausland zréckgräifen.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Kollegeinnen a Kollegen, domat si mir aktuell mëtten an enger Zwouklassemeezinn.

Plusieurs voix | Richtig!

D'autres voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | An do kann ee sech dréien a kéieren, wéi ee wëll, dat ass eng Realitéit. Wann een d'Suen huet, geet een an d'Ausland a bezilt sech do seng medezinnesch Soinen. Wann een d'Kontakter huet, da kritt een och hei am Land séier e Rendez-vous, a wann dat och heescht, sech virzedrénken.

(Interruption)

Huet ee weeder Suen nach Kontakter, jo dann heescht et waarden.

Et ass zanter Laangem evident, dass hei eppes änner muss. Spéitstens nodeems en éischte Radiolog op eegen Initiativ en IRM fir säi Cabinet uschafe wollt, ass de Steen un d'Rulle komm. Dës Initiativ gouf ausgebremst mat der Begrënnung, datt schwéier medezinnesch Ekipementer, wéi zum Beispill en IRM, just de Spideeler virbehale sinn. De concernéierte Radiolog huet sech geréichtlech gewiert an de Règlement grand-ducal, deen eng Lëscht mat spidolsreservéierten Ekipementer definéiert, a Fro gestallt. Schlussendlech ass de Fall op d'Verfassungsgeriicht deferéiert ginn an de Radiolog krut Recht. D'Ausübung vun engem libérale Beruff ass verfassungsrechtlech geschützt. Aschränkunge mussen deemno an engem Gesetz festgeluecht ginn, an net an engem Règlement grand-ducal.

Dës Verfassungswiddregkeet ass am Juli 2019 festgestallt ginn. Trotz Gesondheetsdësch an Echangë mam Terrain, wéi dës kéint opgehuewe ginn, ass awer eréischt am Mee d'lescht Joer de Gesetzesprojet 8009 deposéiert ginn, deen dës juristesche Grozon behiwen an dem Virage ambulatorie méi Plaz araume soll.

D'Essenz vum Projet ass vum Rapporteur, deem ech op dëser Plaz Merci soen, erkläert ginn. Et kënnen pro Centre hospitalier zwee zousätzlech Sitte pro Service bäikommen, wou déi genannte schwéier medezinnesch Ekipementer kënnen exploitéiert ginn. Véier Servicer, d'Dialys, d'Onkologie, d'Imagerie médicale an d'Dagesspidol, kënnen elo op weidere Sitten uechtert d'Land opgebaut ginn.

Et kennt deemno zu enger Dezentraliséierung, eppes, wat mir laang als DP gefuerdert hunn an deem elo endlech Rechnung gedroe gëtt.

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Dat ass am Sënn vun de Patienten, virun allem deenen aus de ländleche Regiounen, déi sech fir hir Traitement wäit hu missen deplacéieren.

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Fir d'DP ass dëse Gesetzesprojet duerfir een éischte Schratt ewech vun der Zwouklassemeezinn.

En anere Punkt, op dee mir an den Diskussiounen ëm dëse Projet de loi ëmmer nees gepocht hunn, ass d'Initiativrecht vun den Dokterinnen, fir déi zousätzlech Sitten ze schafen an ze exploitéieren. Am deposéierte Projet de loi ass deem Rechnung gedroe ginn, andeems explizit eng Kollaboratioun tëschent den Dokterinnen an de Spideeler erméiglecht gouf, wou kloer war – an dat hat d'Madamm Minister och an enger Kommissiounssëtzung confirméiert –, dass d'Initiativ vun der Implantatioun och vun engem Dokter kéint kommen an net de Spideeler virbehale ass.

No enger Opposition formelle vum Staatsrot op dësem Punkt ass dës Kollaboratioun an en, ech zitieren, „contrat précisant les modalités de gestion et d'utilisation des équipements et appareils“ ëmgewandelt ginn. D'Initiativrecht steet zwar net explizit an engem Artikel vum Gesetzesprojet dran, mee am Commentaire des articles ass awer ganz eendeitig virgesinn, dass d'Installatioun vun engem Site supplémentaire och vunn Dokterinnen initiéiert ka ginn. Och hei zitieren ech: „Il est à préciser dans ce contexte que tant un centre hospitalier qu'un ou plusieurs médecins autorisés à exercer leur profession au Luxembourg peuvent être à l'origine d'un projet de création de site supplémentaire“.

Dës Präzisioun war eng DP-Fuerderung. Well et awer nun emol just am Commentaire des articles steet, rechen ech op dëser Plaz eng Motioun an, déi d'Regierung ënner anerem opfuert, eng aktiv Promotioun vum Droit d'initiative vun den Dokterinnen am Secteur extrahospitalier ze maachen.

(Interruption)

Domat soll fir eis sécher gestallt sinn, dass déi am Commentaire des articles affichéiert Intentioun am Gesetz keng eidel Wieder bleiwen.

Motion 1

« Promotion du secteur extrahospitalier »

La Chambre des Députés,

– considérant les valeurs fondamentales sur lesquelles repose notre système de santé, dont l'universalité, l'accès à des soins de qualité, l'équité et la solidarité ;

– consciente de la croissance démographique et du vieillissement de la population qui risquent de provoquer :

- une pénurie de ressources humaines,
- un engorgement des ressources infrastructurelles hospitalières,
- des besoins de ressources financières supplémentaires ;

– considérant le progrès médical qui permet d'assurer un nombre croissant de traitements médicaux dans le secteur hospitalier et extrahospitalier ;

– considérant la nécessité de promouvoir le secteur extrahospitalier dans son ensemble et surtout des soins primaires et de favoriser le virage ambulatorie dans notre système de santé ;

– consciente de l'importance cruciale de cette transformation pour assurer un accès aux soins optimal et une amélioration de la qualité des services médicaux ;

– notant que l'accord de coalition 2018-2023 prévoit le développement d'un plan d'action « out of hospital » ;

– résolue à garantir une prise en charge médicale efficiente, adaptée aux besoins de notre population et en adéquation avec les évolutions de la médecine et l'intérêt du patient ;

– notant que dans un passé récent de grands efforts ont été réalisés pour raccourcir les délais d'attente dans le domaine du diagnostic, efforts qu'il s'agira de continuer et de renforcer pour répondre aux défis liés à la croissance démographique ;

– saluant que l'Observatoire de la santé nouvellement créé permettra un monitoring régulier des délais d'attente ;

– réaffirmant sa volonté de faire progresser notre système de santé vers une approche plus efficiente, accessible et centrée sur les besoins des patients,

invite le Gouvernement à

– analyser, dans un délai de deux ans après sa mise en vigueur, la réforme sur le secteur extrahospitalier en procédant à une évaluation portant sur l'impact de la réforme sur l'accès aux soins, la qualité des services, l'intérêt du patient ainsi que les implications financières et sur sa mission de santé publique en général ;

– soumettre les résultats de cette analyse à la Chambre des Députés pour un examen approfondi ;

– accorder une priorité absolue à la finalisation des travaux sur la réforme des sociétés de médecins ;

– mener une étude approfondie et sans préjugés sur la possibilité de permettre la réalisation de mammographies dans les cabinets de médecins, ainsi que son potentiel pour raccourcir les délais d'attente pour les femmes ayant besoin d'une mammographie tout en garantissant la qualité et la pertinence des examens, en vue d'un diagnostic précoce et d'une prise en charge plus rapide des pathologies, et à présenter les résultats à la Chambre des Députés ;

– à promouvoir activement le droit d'initiative des médecins dans le secteur extrahospitalier afin d'assurer, ensemble avec tous les acteurs du terrain, une adaptation adéquate des services aux besoins réels des patients, un meilleur accès aux soins et une amélioration globale de la qualité des soins.

(s.) Carole Hartmann, Gilles Baum, Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Marc Hansen, Josée Lorsché.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Dir mussst ënnersträichen, dass et eng gemeinsam Motioun ass, Madamm Oratrice.

Plusieurs voix | Jo.

Mme Carole Hartmann (DP) | Ech kommen nach dozou.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Ok. Et wär vläicht gutt, wann een dat vun d'Ufank u géif soen.

(Brouhaha)

M. Marc Spautz, Président de séance | Wannechgelift! Wannechgelift, d'Madamm Hartmann huet d'Wuert. Merci.

M. Michel Wolter (CSV) | En ass zimmlech nervös, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Nee, nee.

Mme Carole Hartmann (DP) | Dës Motioun ass vun alle Majoritéitsparteien ënnerschriwwen ginn ...

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | ... a beinhalt och nach aner Punkten, op déi ech am weidere Verlaf vu menger Ried nach komme wäert. Et stoung just op där anerer Säit.

(Hilarité)

Leider, Här President, kënnt et doriwwer eraus an eisen Aen net zu engem wierkeleche Paradigmewiessel, wou den Extrahospitalier méi an de Fokus geréckelt wier. Schlussendlech ass dese Gesetzestext nämlech keng „loi extrahospitalière“, wat an eisem Sënn gewiescht wär, mee eng Erweiterung vum Spidolsgesetz.

Am Exposé des motifs stoung esou beim Depot vum Projet de loi: „Le présent projet de loi apporte des réponses aux défis énoncés ci-avant, en favorisant davantage la prise en charge ambulatoire des soins de santé en restaurant des incitatifs pour encourager cette transformation par l'introduction de sites hospitaliers supplémentaires dédiés aux soins de santé ambulatoires“. D'Terminologie ass hei alles anescht wéi anodine. Et gëtt net vu „site extrahospitaliers“, mee vu „sites hospitaliers supplémentaires“ geschwat. Dat ass e Statement géint eng wierkelech Stärkung vum Extrahospitalier an domat eng reell Entlaaschtung vun eise Spideeler. Dat bedauere mir als Demokratesch Partei.

Mir verdeelen zwar déi meeschte medezinnesch Soinen op méi Sitten, mee fundamental ännert sech net vill um System. D'Spideeler behalen d'Kontroll.

Wann ee sech elo d'Argumentatioun ukuckt, firwat déi zousätzlech Sitten u Spideeler gebonne ginn, ginn am Gesetzesprojet eng Rei Suergen opgeworf. D'Finanzéierung ass eng gréisser Suerg gewiescht. Wann een d'Uschafe vu medezinneschen Ekipementen am Extrahospitalier zouloosse géif, kéint dat der Gesondheitsministesch no dann zu enger finanzieller Iwwerbelaaschtung féieren. D'Demande, fir en IRM, eng Mammografie ze maachen, ass grouss. Wann ee seng Capacitéiten an d'Luucht setzt, fir méi Patienten an engem gewëssenen Zäitraum ënnersichen ze kënnen, da klammen d'Käschten. Dat ass esou, onofhängeg dovunner, ob d'Ekipementen am Spidol sinn oder am Extrahospitalier.

A wann een dee selwechten Tariff fir den Extrahospitalier virschreift wéi den an de Spideeler, dann ännert sech un dëser Rechnung och näischt.

(Interruption)

Par contre hätt et e Virdeel kënne sinn, Ekipementen am Extrahospitalier zouzeloossen, wann d'Doktere selwer fir d'Uschafung, den Entretien an esou weider hätten opkomme misse. Dës Käschten hätten dann net misse vun eisem Gesondheitsbudget gedroe ginn.

M. Roy Reding (Liberté Chérie) | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Den Dokter oder e Grupp vun Dokteren hätt dann eng Käschten-Notze-Rechnung maache misse, ob sech dës Investitioun op kuerz oder laang rentéiere géif. E Wildwuchs wier dann éischter onwarscheinlech, well de Rendement net esou grouss gewiescht wär. Dat wier op d'mannst eng Pist gewiescht, déi een hätt diskutéiere kënnen.

Ausserdeem hätt ee fir d'Uschafe vu medezinneschen Ekipementen och weiderhin eng Autorisatioun vum Ministère verlaange kënnen. Op Basis vun der Carte sanitaire hätt sech jo kënne berechnen loosse, wat eis reell national Besoine sinn an d'Autorisatioun vun der Installatioun hätt ee jo och vu weidere Krittären – geografesch, d'Densitéit vun der Populatioun et cetera – ofhängeg maache kënnen.

Eiser Meenung no hätt deemno d'Fro vum Finanzement méi an der Déift kënnen a sollen diskutéiert

ginn. Elo gi mir nämlech op deen übleche Wee: 80 % vun de Käschten vun den Ekipementen an den zousätzleche Strukture gi vum Staat gedroe. Déi aner 20 % gi mat Cotisatioun bezuelt.

Ob dat zu enger finanzieller Entlaaschtung bäidroen wäert, woen ech ze bezweifelen, virun allem, well et bis haut un enger déifgräifender Analys vum Spidolbudget feelt. 2019 hat d'Cour des comptes d'Intransparenz vun dësem Budget och kritiséiert. Mee wann een net weess, woufir d'Sue vun engem Budget am Detail gebraucht ginn, dann ass et och schwéier, Optimiséierung virzehuelen.

(Interruption)

Eng weider Suerg virun engem richtege Cadre extrahospitalier war dee vum Personalmanntem. Virop d'Spideeler haten d'Befierchtung, datt d'Dokteren an aner spezialiséiert Personal léiwer am Extrahospitalier schaffe géifen, wann d'Ausübung vum eegene Beruff do vereinfacht géif ginn. Géif dat geschéien, ass gefaart ginn, dass de Fonctionnement vun de Spideeler eeschtaft a Gefor wär.

Als DP wëlle mir dës Suerg net erfopspillen. Mee mir gesinn dës awer net als Grond, den Ausbau vum Extrahospitalier, deem am Interêt vum Patient wär, auszebrennen. Ech géif et ongesond fannen, bei dësem Sujet an e rege Kompetitivitéits- oder Konkurrenzdebat ze falen. Eis geet et ëm Complementaritéit, ëm de séieren Accès zur beschtméiglecher Patienterversuergung an net ëm d'Konkurrenz.

Der DP war et och vun Ufank u wichteg, datt Strukturen am Extrahospitalier, och wa se vun Dokteren implementéiert a geréiert ginn, ëmmer e Lien mat engem Spidol sollten hunn, engersäits fir d'Continuité des soins vun hire Patienten ze garantéieren – et ka schliisslech ëmmer emol virkommen, dass de Gesondheitszoustand vun engem Patient sech zum Schlechtere verännert an eng Iwwerweisung an e Spidol néideg gëtt –, anersäits war meng Fraktioun och ëmmer derfir, datt d'Dokteren hire Bäitrag zu eisem solidaeresche Gesondheitssystem leeschte misse, andeems si Garden an Astreinten an de Spideeler iwwerhuelen.

D'Finanzéierung an d'Konkurrenz beim Personal sinn déi zwee Hauptgrënn gewiescht, déi d'Gesondheitsministesch derzou beweegt hunn, de Gesetzesprojet op e spidolorientéierte Virage ambulatoire ze beschränken. Dës Begrënnunge goufen och an der Proportionalitéitsanalys opgefouert, déi no der Demande vum Staatsrot nogereecht gouf.

Proportionalitéitsanalyse sinn no EU-Recht dann néideg, wann e Gesetz zum Beispill d'Aschränkung vun der Ausübung vun engem liberalen Beruff virgesäit. An dat ass hei kloer de Fall.

Interessant ass, dass de Staatsrot zwar seng Opposition formelle, och wat d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel betrëfft, ophieft, mee a sengem Avis complémentaires awer eng Warnung ausschwätzt. De Conseil d'État weist nämlech drop hin, datt d'Begrënnunge fir d'Limitatioun vun de medezinneschen Ekipementen op Spideeler virum Verwaltungsgericht ugefecht kéinte ginn. Et wier also néideg, dës Limitatioun nach eng Kéier op de Leescht ze huelen.

Här President, d'DP ass där selwechter Meenung. Mir gesinn dës Projet, wéi scho gesot, als éischte Schratt, fir eng méi grouss Bandbreit u medezinnesche Soine méi no un de Bierger ze bréngen. Et muss deemno och weider un enger richteger Reform vum Extrahospitalier geschafft ginn.

An der Motioun, déi ech deposéiert hunn, gëtt d'Regierung dofir och opgefuerdert, zwee Joer no der Entrée en vigueur vum Text eng Analys an

Evaluatioun ze maachen an dës och der Chamber ze presentéieren.

Wa mir eise Gesondheitssystem laangfristeg méi resilient wëlle maachen, da misse mir qualifizéiert Dokter an Gesondheitsberuffer an d'Land zéien.

D'Ausbildung vun Dokteren, Infirmieren, Aidesoignanten, Hiewannen an esou weider, déi an dëser Legislaturperiod mat verschiddene Bachelorstudiegäng op der Uni Lëtzebuerg ergänzt gouf, kann nëmmen een Deel vum medezinneschen Personalmanntem opfëllen.

Eise Gesondheitssystem muss also och méi attraktiv ginn. Dozou gehéiere performant Spideeler, déi de Fokus op komplizéiert Agrëffer leeën, awer och eng extrahospitalière Offer.

Wa mir dem Extrahospitalier elo méi Responsabilitéiten iwwerdroen géifen, wat aktuell leider net de Fall ass, da wier dat interessant fir d'Medezinner, déi méi Méiglechkeet hätten, hire Beruff auszeüben, an d'Soins primaires géifen allgemeng bei de Patienten méi u Visibilitéit gewannen, an dat géif d'Spideeler entlaaschten, déi ëmmer nees Patienten empfänken, déi eigentlech net an d'Spidol misste goen.

Zu engem attraktive Gesondheitssystem gehéiert awer och d'Promotioun vun der Fuerschung, wou och scho ganz interessant Projekte lafen. Mat der Fuerschklinik Lëtzebuerg (ndlr: LCTR-Fuerschklinik Lëtzebuerg), enger Kollaboratioun vum LIH an dem CHL, ass hei schonn e wichtige Grondstee geluecht. An all Spidol sollt eng Antenn vun dëser Fuerschklinik installéiert ginn.

D'Digitaliséierung ass och Deel vun engem attraktive Gesondheitssystem. All déi concernéiert Acteure misse matenee vernetzt ginn an d'Telemedezinn an ePrescriptioun misse zum medezinneschen Alldag gehéieren.

Kolleginnen a Kolleegen, ech hat schonn erwänt, datt ee Grond fir d'Limitatioun vu verschiddene medezinneschen Ekipementen op d'Spideeler op d'Angst vum Personalmanntem zrëckzeféieren ass. Am selwechte Kontext gouf och ëmmer nees ervirgestrach, datt d'Notzung vun dësen Ekipementen ze komplizéiert fir de Milieu extrahospitalier wär, besonnesch wat d'Sécherheetsbestëmmungen ugeet.

Dës Formulatioun fannen ech ganz onglécklech, well se am Fong beseet, dass d'Dokteren net kapabel sinn, selwer Responsabilitéit fir d'Sécherheet vun hire Patienten ze iwwerhuelen.

Als Begrënnung kann een dat wierkelech net gëlle loosse. En Dokter huet jorelaang studéiert an als Assistenzdokter a Spideeler geschafft a léiert an da generell an der praktescher Ausübung vu sengem Beruff, wéi eng Gesten en ausféiere muss a wéi e bei enger Komplikatioun ze reagéieren huet.

Ob e medezinnescht Ekipement an engem Spidol oder an enger méi klenger Struktur am Extrahospitalier steet, huet domadder näischt ze dinn, soulaang d'Ufuerderung fir d'Installatioun erfëllt sinn. Et kéint een an deem Fall jo och e Guide ausschaffen, wéi d'Prozeduren an d'Interventiounen am Extrahospitalier oflaffe misse.

Orientéiere kéint ee sech dobäi zum Beispill un der Prise de position vum Conseil scientifique du domaine de la santé, wat d'Chirurgie ambulatoire betrëfft. Do steet viles dran zur Eligibilitéit vum Patient, zu den organisatiounellen Krittären, zum Suivi vum Patient an esou weider. An et kéint ee jo esou eng Prise de position och fir d'Imagerie médicale, d'Dialys an d'Onkologie am Extrahospitalier ufroen.

Virun allem d'Limitatioun vu Mammografieapparater ass fir mech schwéier ze verstoen. D'Mammografie

stoung bis elo weeder an der Lëscht vum Spidols-gesetz 2018 nach an der Lëscht vum Règlement grand-ducal, dat vum Verfassungsgericht gekippt gouf, a war domadder ni de Spideeler eleng virbehalen.

Firwat dat elo ännere soll, ass net novollzéibar. Wat huet geännert par rapport zu 2018, wou net d'Mammografie, mee just d'Biopsie mammaire explizitt an dem Gesetz stoung? Eng Fro, déi ech un d'Gesondheitsministesch weiderginn: Wou kënnst de Revirement bei der Mammografie säit 2018 hier?

(Interruption)

Wann ee bedenkt, datt verschidde Fraen 18 Méint op e Rendez-vous hu misse waarden ...

(Interruption)

... an den Alter fir den Depistage elo nach vu 50 op 45 Joer erofgesat gëtt, wat nach méi eng grouss Demande generéiert, dann ass d'Limitatioun vun de Mammografieapparater einfach net novollzéibar.

Do wier et dach vu Virdeel, wann d'Dokteren dat och an hirem Cabinet ubidde kéinten an esou e Bättrag zum Depistage liwwere kéinten.

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Voilà!

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | D'DP plädéiert do wéinst ganz staark derfir, d'Mammografie esou séier wéi méiglech nees aus dëser Lëscht erauszehuelen.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | A menger Motioun invitéiere mir d'Regierung dann och, eng Etüd maachen ze looszen zur Méiglechkeet, d'Mammografie och an den Dokteschcabinete realiséieren ze kënnen.

(Interruptions)

Zesummegefaasst ass et fir meng Fraktioun evident, datt mir d'Limitatioun vun den Ekipementer laangfristeg net esou kënnen stoe looszen.

(Interruption)

Dat steet dem medezinnesche Progrès am Wee an ass net am Interêt vum Patient. Aner Länner si scho méi laang op dee Wee gaangen. Firwat solle mir dat net kënnen?

(Interruption)

An ech sinn iwwerzeegt, dass mir eng Loi hospitalière ausschaffe kënnen, déi keng reng kommerziell Aktivitéiten an eisem Gesondheitssektor zouléisst.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Et muss just de Willen do sinn, dem Extrahospitalier och wierklech eng Plaz an der Lëtzebuerger Santéspolitik ze ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Här President, och wann d'Initiativrecht vun den Dokteren op eis Demande an de Projet matagefloss ass, bleiwen d'Spideeler Haaptacteur an eisem Gesondheetssystem an d'Muechtverhältnis tëschent de Centres hospitaliers, déi grouss Unitéite sinn, an den Dokteren ass net equilibréiert.

Aus dësem Grond war zäitgläich mam Gesetzesprojet zum Virage ambulatoire och en Text deposéiert ginn, deem d'Kreatioun vun Dokteschsociétéite reegele soll.

Anescht wéi zum Beispill d'Affekote kënnen sech d'Dokteren aktuell nach net a Gesellschaften zesummen-do. Dat géif hinnen awer virun allem juristesche gewësse Sécherheete bréngen an hir Positioun bei Diskussione mat Spideeler stäerken.

Als DP bedauere mir ganz staark, datt dësem Projet de loi net déi selwecht Prioritéit gegollt huet ...

Une voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | ... an den Avis vum Staatsrot net matzäite koum, fir d'Gesetz nach virun der Summerpaus ze stëmmen.

M. Michel Wolter (CSV) | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | De Gesetzesprojet iwwert d'Dokteschsociétéiten ass awer eng wichteg Ergänzung zum Virage ambulatoire a muss esou séier wéi méiglech finaliséiert ginn. Genée wéi d'Initiativrecht ass den Zesummeschluss a Gesellschaften e wichtige Gest en faveur vun den Dokteren an eng Valorisation vun hirem Beruff.

Une voix | Richtig!

Mme Carole Hartmann (DP) | A menger Motioun gëtt d'Regierung dofir och invitéiert, dësem parallele Projet de loi eng absolutt Prioritéit ze ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Här President, am Koalitionsaccord vun 2018 sti folgend Passagen. Engersäits: „Des mesures favorisant et accompagnant le ‚virage ambulatoire‘ seront mises en place. Il s'agira d'assurer la promotion des alternatives à l'hospitalisation classique lorsque cela est possible sans perte de qualité, en accord et dans l'intérêt du patient.“ De Virage ambulatoire gëtt mat dësem Gesetz gefërdert an entsprécht op dësem Punkt och dem Koalitionsaccord.

Am Accord stoung anerersäits awer och: „Tout en respectant une couverture géographique adéquate et en respectant les recommandations en matière de prescription des examens, une réflexion sera menée sur l'opportunité de l'installation en milieu extrahospitalier de plateaux techniques, diagnostiques et de traitement ambulatoire.“ Dës Intentioun aus dem Accord ass leider net erfëllt ginn. Eng wierklech oppen an déifgräifend Reflexioun zu engem richtigen Extrahospitalier huet net stattfonnt. Dat bedauere mir als DP, well mir am Extrahospitalier complémentaire zu de Spideeler grouss Virdeeler fir eng nach besser opgestallte Gesondheitsversuerung vun de Patiente gesinn.

De Gesetzesprojet, deem haut zur Ofstëmmung steet, beschränkt sech op de Virage ambulatoire aus Siicht vun de Spideeler. D'Ignoréiere vun dem Extrahospitalier ass aus eiser Siicht eng verpasste Chance a mir hätten eis méi Courage an dësem Fall gewënscht.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Den Extrahospitalier, richtig encadréiert mat all den néidege Sécherheeten, fir eng Kommerzialisierung vun eisem Gesondheetssystem ze verhënneren, wär absolutt am Interêt vum Patient, deem ëmmer am Mëttelpunkt muss stoen, ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Madamm Hartmann, Dir misst zum Schluss kommen.

Mme Carole Hartmann (DP) | ... an e kann zur Attraktivitéit vun eisem Gesondheetssystem bäidroen, well d'Dokteren hei méi Méiglechkeeten hunn, hire Beruff fräi auszeüben.

Ech kommen, Här President, zum Schluss. Ech soen et nach eng Kéier mat Nodrock: Dëst Gesetz ass een éischte Schratt an déi richtig Richtung.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Michel Wolter (CSV) | Et huet een awer net vill héieren.

M. Léon Gloden (CSV) | D'Madamm Hartmann hält d'Kéier vun der Kéier.

Mme Carole Hartmann (DP) | Méi Dezentraliséierung bréngt d'Medezinn méi no bei de Patient, an dat ass dee richtige Wee.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Mee mir müssen dovunner ewechkommen, alles d'office un e Spidol ze bannen, an dem Extrahospitalier en eegene Kader ginn. Mir müssen nach méi no bei de Patient a méi Vertrauen an eis Dokteren a Gesondheitsberufler setzen.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Carole Hartmann (DP) | Domat soen ech Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a gi mat all de Remarken, déi ech gemaach hunn, den Accord zu dësem Gesetzesprojet.

(Interruptions)

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Mat allem dran.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der Madamm Hartmann.

M. Claude Wiseler (CSV) | Also de Schluss ass dat, wat een e Virage ambulatoire nennt.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der honorabelen Madamm Hartmann.

(Brouhaha)

Da wier ech frou, wann d'Gemiddler sech erëm géife berouegen. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Kersch.

M. Michel Wolter (CSV) | Dat war eng exzellent Oppositionsried, Här President, an d'Argumenter sinn all dran.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Jo, an d'Konklusioun war déi richtig.

(Interruption)

M. Marc Spautz, Président de séance | Den Här Kersch huet d'Wuert.

M. Dan Kersch (LSAP) | Merci, Här President. No deenen zwou Walrieden, déi mer elo héieren hunn, ...

M. Michel Wolter (CSV) | Maach och nach eng!

M. Dan Kersch (LSAP) | ... wäert och ech net derlaanscht kommen, nodeems dass mer de Rapportier an engem exzellente Rapport héieren hunn, dee ganz genau beschreift, wat an dësem Gesetz gereegelt gëtt a wat net, och e bëssen d'Vue vun der LSAP zu dëser Problematik duerzeleeën an notament zu deem, wat mer engersäits haut de Moien hei op der Tribün héieren hunn, mee anerersäits awer och an deenen Deeg virdrun iwwert d'Press.

Fir mech ass dat heiten, an dat muss ech esou soen, schonn eppes gewëssenermoossen Historesches. Mir hunn haut vun der CSV e reegelerchten Offenbarungseed héieren an all eenzelt Wuert, wat hei op der Tribün gesot gouf, bestätegt dat, e reegelerchten Offenbarungseed fir d'Liberaliséierung vum Lëtzebuerger Gesondheetssystem.

An de Wierder vun der CSV heescht dat e bëssen eppes aneres. Do gëtt gesot: „Déi privat Medezinn gëtt gefërdert, den eenzelne Medezinner kritt méi Fräiheeten.“ Mee gemengt ass déi grouss Liberaliséierung vum Lëtzebuerger Medezinnwiesen.

M. Michel Wolter (CSV) | Dat ass iwwerhaupt net wouer!

(Interruptions)

M. Dan Kersch (LSAP) | Här Wolter, wann Dir eng aner Meinung hutt, kommt erop a sot se!

(Interruption)

M. Michel Wolter (CSV) | Ech schléisse mech de Wierder vun der Madamm Hartmann un. Déi huet Iech scho widdersprach, ier Der op d'Tribün koumt.

M. Marc Spautz, Président de séance | Wannech-gelift, den Här Kersch huet d'Wuert a soss keen.

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech verstinn, dass den Här Wolter nervös gëtt, wann d'Wourecht gesot gëtt.

(Interruptions)

Une voix | En ass ganz relax.

M. Dan Kersch (LSAP) | D'CSV verléisst domadder e joerzéngele gedroene gesellschaftleche Kompro-miss.

M. Michel Wolter (CSV) | Dat ass falsch!

M. Dan Kersch (LSAP) | E wierklech komplizéiert Gefügg vu Ginn a Kréien, dat dat Lëtzebuerger Gesond-heitswiesen zu engem vun deene performantsten an Europa an doriwwer eraus gemaach huet.

Déi nei CSV-Doktrinn fir eist Gesondheitswiesen ass dann och weeder chrëschtlech nach sozial a si ass scho guer net fir d'Vollek.

(Interruptions)

M. Marc Spautz, Président de séance | Wannech-gelift, den Här Kersch huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler (CSV) | Wien hält hei Walrieden? Wien hält hei Walrieden?

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech huelen emol e Patt, Här President, da berouege se sech vläicht.

M. Michel Wolter (CSV) | Gitt Iech ganz séier sëtzen!

(Interruption)

M. Dan Kersch (LSAP) | Si ass C wéi charakteristesche fir all neoliberal Ugrëffer op besteeënd Sozialsystemer. Si ass S wéi selektiv an elitär, well se à la longue grouss Deeler vun der Bevëlkerung vun enger héijer Qualitéit vu Gesondheitsversuergung wäert ausschléissen. A si ass V wéi verdammt deier fir de Steierzueler, fir all Salarié a fir all Patron, well et si schlussendlech si, déi déi erhoffte privat Gewënner mat méi héije Bättragg musse bezuelen, ouni awer méi ze kréien.

M. Claude Wiseler (CSV) | Wien ass dann elo schonn ausgeschloss mat där aktueller Politik?

M. Yves Cruchten (LSAP) | Här President, mir hunn hei keen ënnerbrach, wéi e geschwat huet.

Plusieurs voix | Jo.

M. Dan Kersch (LSAP) | Här President, ...

(Interruption)

... ech hat virdru gesot ...

M. Marc Spautz, Président de séance | Wannech-gelift, den Här Kersch huet d'Wuert a soss keen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Ech mengen, Dir hat Stëpp an den Oueren, wéi ...

M. Marc Spautz, Président de séance | Här Di Bartolomeo, Äre Parteikolleg, den Här Kersch, huet d'Wuert a soss keen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur | Da sidd och esou streng mat deenen aneren, Här President.

(Brouhaha)

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech hat virdru gesot, mir hätten eent vun deene performantste

Gesondheetssystemer an Europa. An ech soen dat hei haut ganz bewusst, wuel wëssend, dass mir wäit ewech si vu Perfektioun an dass a verschidde Beräicher, an och dat ass virdrun hei scho gesot ginn, onzoumutbar Retarden entstane sinn, déi mussen opgeschafft ginn.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Dat ëmsou méi, well eist Land rasant wiisst. An dat awer och ëmsou méi, well ëmmer méi Frontalieren an eise Gesondheetssystem sinn oder vun eise Gesondheetssystem Gebrauch maachen, an ech mengen, mir sinn eis och alleguerten eens: Si hunn e Recht drop, fir dovun Gebrauch ze maachen, well si finanzéieren e gläichberechtigt mat, eebe well se an hirem Heemechtsland kee vergläichbaren Zougang zu där Qualitéit hunn, déi se als einfache Kassepatient hei zu Lëtzebuerg hunn.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Och dat sollt eis emol ze denke ginn, ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | ... wa mer virgegaukelt kréien, auslännesch Modeller wäer méi performant ewéi eisen.

Une voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Anerersäits muss een awer och de Courage hunn ze soen, dass mir zu Lëtzebuerg net an alle Beräicher vun der Medezinn kënnen Welt-spëtzt sinn an dass mer och weiderhin op eng gutt Kooperatioun mam Ausland ugewise sinn. Net alles kënnen mer hei zu Lëtzebuerg leeschten. An et ass am Fong schued, dass mat deene Saachen, déi mer eis eeben net kënnen leeschten oder och net kënnen reali-séieren, hei Politik gemaach gëtt.

Keen, awer wierklech kee bestreit, datt mir net dier-fen am Status quo an der Medezinn hänke bleiwen, well Status quo heescht de facto Réckstand. Well awer keen, deen e puer Téitschen am Auto huet, dee ganzen Auto verschrott, ausser en hätt eng wierklech seriö mat der Ratsch, wéll ech hei awer och soen, dass da mussen aner Interëten am Spill sinn. An ech halen, Här President, d'CSV kengesweegs fir geckeg. Dat wéll ech hei gesot hunn. Der nette Herr Wiseler, des Kéier am Opdrag vun der CSV ënnerwee, huet sech a mengen Aen an deene leschten Deeg geout als Reesenden an Interessevertrieder vun deenen, déi dat solidarescht Lëtzebuerger Gesondheitswiesen als nei Spillwies fir hir spekulativ Geschäfte entdecken.

(Brouhaha)

Mme Octavie Modert (CSV) | Ech mengen, Dir hutt der Madamm Hartmann net nogelauschtert gehat.

(Coups de cloche de la présidence)

M. Fernand Etgen, Président | Wannechgelift, den Här Kersch huet Wuert a soss keen.

M. Dan Kersch (LSAP) | Wiem déi lescht Ëmschrei-wung ze abstrakt ass, déi vun deenen, déi wëlle Geschäfte mat der Gesondheet maachen, deene sief gesot, dass dat zu Lëtzebuerg guer net abstrakt ass, mee ganz konkret ass. Et sinn déi nämmelecht Leit – oder zum Deel déi nämmelecht Leit –, déi schonn zanter joerzénge den Lëtzebuerger Wunnengs-marché beherrschen a sech do gëllen Nuese ver-déngt hunn. Fir kloer ze sinn: Et sinn déi mat de Luxusueren.

(Interruption)

Mee opgepasst, och auslännesch, nach vill méi mäch-teg Acteuren, a Form vu private Fongen, stinn an de Startlächer, fir an dat grouss Geschäft eranzeklammen.

Här President, ech behaupten, dass déi nei CSV-Linn fir eis Gesondheitsversuergung net einfach esou aus heiterem Himmel kënn. Ech behaupten, dass den Här Wiseler aktiv ass am Opdrag vu sengem hei net presente Spëtzekandidat, deen a mengen Aen eng evident neoliberal, ...

M. Léon Gloden (CSV) | Här Kersch, schwätzt Dir vum Här Lux?

M. Dan Kersch (LSAP) | ... eng neoliberal stramm Maartwirt... Ech weess net, ob den Här Lux Spëtze-kandidat an der CSV wäert ginn, mee alles ass méig-lech an deenen Zäiten.

(Interruption)

M. Léon Gloden (CSV) | Dir schwätzt vun Immo-bilienhändler mat Aueren.

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech wéll just soen, dass ech hei vum Spëtzekandidat vun der CSV schwätzen – dat ass bekanntlech net den Här Lux – an ech der Meinung sinn, dass déi nei Linn, déi Der an der Gesondheitsversuergung wëllt fueren, genau eppes mat deem sengem neoliberale Weltbild ze dinn huet. Dat ass dat, wat ech wollt hei ausdrécken. An déi Leit, déi an der CSV sinn, déi en anert Weltbild hunn, wäer vläicht gutt beroden, wa se sech hei géifen zu Wuert mellen.

Wat mech interpelléiert bei der Haltung vun der CSV, fir net ze soen, schockéiert, ass awer d'Aggressivitéit an och d'Iwwerhiefflechkeet, mat där Der déi nei Doktrinn hei wollt duerchsetzen. Dir attackéiert a mengen Aen op eng onappetitlich Aart a Weis mat ondifférenziéierten Ugrëffer zum Deel haut op der Tribün, mee nach vill méi an der Press, eng Gesond-heitsministesch, déi bis zur physischer Erschöpfung geschafft huet, fir dëst Land duerch d'Pandemie ze bréngen.

(Interruptions)

A well ech weess, dass d'Madamm Lenert vill ze vill bescheiden ass a vill ze vill fein ass, fir dat hei ze soen, soen ech et esou, wéi ech et denken: Ech fannen, dat ass e staarkt Stéck!

Wann een, Här Wiseler, an da ginn ech perséinlech, wann ee selwer zéng Joer Minister war, an deene meeschten am Land ass dat zwar net opgefall, mee wann ee selwer zéng ...

(Brouhaha)

... wann ee selwer, wann ee selwer ...

M. Fernand Etgen, Président | Hei wannechgelift!

M. Dan Kersch (LSAP) | Wann ee selwer zéng Joer Minister war an et probéiert een, op déi dote perséin-lech Aart a Weis e Minister ze attackéieren, da fannen ech dat de mauvais goût.

Dir maacht esou, wéi wann et d'Pandemie net gi wär. Dir wësst ganz genau, dass et konkret Grënn gëtt, firwat dass an deem engen an deem aneren Dossier Retarden opkomm sinn. An Dir kommt hei erop an Dir maacht, wéi wann hei net zwee an en halleft Joer dru geschafft gi wär, fir dëst Land erëm an eng gutt Situa-tioun ze bréngen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Dat fannen ech e ganz staarkt Stéck. Dat muss ech och esou soen.

Nach vill méi schlëmm awer, an ech soen dat hei esou, nach vill méi schlëmm awer fannen ech d'Op-fuerderung un d'Kollege vun der DP, fir dat Gesetz hei net ze stëmmen. Deen, deen dat gefrot huet, weess ganz genau, dass dat éischtes a mengen Aen eng grenzelos Frechheet vis-à-vis vun den Depu-téierte vun der DP ass, esou wéi wa si net amstand

wären, sech selwer eng Meenung ze bilden an en Oberlehrer vun der CSV missten hunn, fir ze wëssen, wat se ze denken hunn.

Virun allem ass et awer en Opruff, eng Regierungskris ze provoziéieren, an dat an engem Moment, wou d'Land onverscholt vun enger Kris an déi aner schlittert, an engem Moment, wou Europa an engem Krich ass. Méi onverantwortlech, Här President, geet et net. An dat beweist just fir mech, dass déi fréier staatsragend Partei vum séchere Wee bereet ass, den institutionelle Chaos ze akzeptéieren, nëmme fir erëm un d'Muecht ze kommen, an dat, ouni dass de Wieler hir dofir e Mandat ginn huet. Dat seet viles aus.

D'LSAP wäert, a lauschtert gutt no, d'LSAP wäert ni zouloossen, dass d'Vollekgesondheet zum Spillball vu Geschäftemacher gëtt, egal, wat aner Parteien dozou soen! Mat eis wäert ni de Profitt am Mëttelpunkt stoen, mee den Interêt vun deene Leit, déi krank sinn, an net ze vergiessen den Interêt vun deenen, déi eise Gesondheetssystem solidaresch finanzéieren.

Plusieurs voix | Très bien!

(Interruptions)

M. Dan Kersch (LSAP) | An dat sinn, wéi ech virdu scho gesot hunn, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... engersäits d'Assurée aus der Gesondheetskeess an d'Patrone vun de Betriber, déi mat hiren ...

M. Fernand Etgen, Président | Wannechgelift, hei am Haus soll en Echange stattfannen an net deen een deem aneren dauernd an d'Wuert falen.

M. Dan Kersch (LSAP) | Merci, Här President.

M. Fernand Etgen, Président | Här Kersch, Dir dierft elo weiderfueren, Dir eleng.

M. Dan Kersch (LSAP) | Merci, Här President. An ech soen et nach eng Kéier, well et esou wichtig ass: Wien dréit dee Gesondheetssystem? Wie finanzéiert en? Dat ass engersäits, dat wësse mer, de Staat, mee et sinn och alleguerten d'Assurée, d'Salariée an et sinn natierlech och alleguerten d'Patronen. An iwwregens huet och nach kee mer kënnen erklären, och haut net, et huet nach kee mer kënnen erklären, wou dann d'Doktere sollen opgewäert ginn an engem System, wou, wéi et elo hei, mengen ech, awer insinuéiert gëtt, d'Doktere ënner privatem Diktat zu 30 % zu den aktuellen Tariffer solle schaffen. Dat ass awer genau dee Modell, deen elo scho fäerdeg an de Startlacher steet a vun engem privaten auslännesche Fong, soll finanzéiert ginn.

An och kee vun de Rechenkünstler vun der Féierung vun der AMMD – ech betounen, der Féierung vun der AMMD – nach ee vun de Wildwuchsstrategie vun der CSV ka mir erklären, wou den Interêt vun den Dokteren ass, fir dat matzemaachen. Ech weess och firwat dass se et net kënnen erklären. Ma ganz einfach, well et keng Erklärung gëtt. D'Dokteren hu keen Interêt un esou engem System. Deen dote System, deen hei soll méiglech gemaach ginn an engem éischten, engem zweeten an engem drëtten Schrëtt, ass e System, dee just den Interêt vun deene verteidegt, déi wëlle Goss mat der Gesondheet maachen.

Mir Sozialisten, mir stinn zu dësem Gesetz, well mer heimat sécherstellen, dass an Zukunft ganz legal, ganz legal dezentral privat organiséiert Antenne kënnen entstoen, wou eng Rei vu medezinneschen Akte kënnen gemaach ginn, déi bis haut exklusiv vu Spideeler konnte gemaach ginn, anersäits awer och verhënnert gëtt, dass eng deloyal Konkurrenz geschaaft gëtt zu eise Spideeler a privat organiséiert Zentere sech déi Beräicher sécheren, wou vill

Suen ze verdénge sinn, an déi Beräicher, déi net käschendeckend kënnen schaffe respektiv wéineg Gewënn generéieren, dann natierlech fir déi ëffentlech Spideeler bleiwen.

Et brauch een net Ekonomist ze sinn, fir ze wëssen, wat doeraus kënnt, nämlech dass dann déi ëffentlech Spideeler méi Sue brauchen aus dem staatleche Budget, méi Sue brauchen aus der Gesondheetskeess, fir déi nammlechst Servicer unzibidden, déi se haut ubidden, ouni vu Verbesserungen ze schwätzen.

A fir genau dat ze verhënnern, gesäit dat Gesetz vir, dass déi privat Antennen an engem konventioneller Kooperatioun mat de Spideeler sollen entstoen.

Dat dréit dann iwwregens och derzou bäi, dass déi Zentere eebe just net do entstinn, wou méiglechst vill Leit wunnen a potenziell Clientë wunnen, mee dass se do entstinn, wou et landesplaneresch Sënn mécht.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | A wa mir schonns bei der Planung sinn, ech ka verstoen, dass d'CSV mat deem Wuert „Plang“ net méi ganz rou ass. Mee ech bleiwen awer der Meenung, dass et extreemst wichtig ass, dass am Gesondheetswiesen zesumme mat allen Acteuren an der Zukunft geplangt gëtt. Et kann net sinn, dass mir d'Gesondheetswiesen dem totale maartorientéierte Liberalismus iwwerloossen.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | A wann ech dann de Choix hunn tëschent deem, wat Dir sozialistesche Planwirtschaft nennt, ... do géif ech da soen, dat ass dann CSV-Wildwuchs, da weess ech, wou ech stinn, well ech nämlech weess, dass, wann een net plangt a wann een einfach dat entstoe léisst, wat aus maartwirtschaftlechen Iwwerleungen entsteet, dass dat zu enger Ausreicherung vun eise Sozialkeesse féiert. Da weess ech, wou ech stinn.

Ech wollt iwwregens nach e Wuert soen, dass d'LSAP mat hirer Meenung och net eleng steet. Et sinn eng ganz Rei vun Avisen erakomm, ënner aneren déi vun der Commission permanente du secteur hospitalier, awer och vun der FHL, déi ganz kloer Stellung huelen, engersäits fir d'Reguléierung vun deem ganze System, wat mir och wëllen, an anersäits natierlech och derfir, fir dëst Gesetz kloer ze stëmmen. An dann, an der FHL ass komescherweis och de CHEM, souwäit wéi ech informéiert sinn. A souwäit wéi ech informéiert sinn, gëtt et och CSV-Deputéiert, déi do d'Amt vum Administrateur iwwerholl hunn, souguer d'Amt vum President iwwerholl hunn. Ech si gespaant, wéi si haut hei ofstëmmen, ob si da wierklech géint d'Linn a géint d'Interête vun hirem Spidol wäerte stëmmen an ob, wa se dat maachen, se dann de Courage hunn, dann och Konsequenzen doraus zu zéien.

Loosst mech nach ee Wuert soen zum Avis vum Conseil d'État. Den Här Wiseler huet ganz genësslech déi Passagen zitéiert, déi him an de Krom gepasst hunn. En huet awer vergiess ze erwänen, dass natierlech Äntwerte komm sinn op dat, wat de Conseil d'État gemaach huet, a pertinent Äntwerten, well soss hätt de Conseil d'État, a mir kennen dat allze gutt, mat Sécherheet seng Opposition-formellen net opgehewen. Well en dat awer gemaach huet, seet den Här Wiseler, de Conseil d'État wär net kohärent. Dat heescht, op där enger Säit zitéiert een dat, wat een arrangéiert, an op där anerer Säit seet een dann, dat, wat een net arrangéiert, wär net kohärent. Bon, de deux choses l'une. Dat ass jiddefalls meng Aart a Weis, fir deen Text do ze interpretéieren.

Här Wiseler, ech hunn nach ni – nach ni! – en Deputéierten hei an der Chamber gesinn, dee praktesch

drëms gebiedelt huet, dass en Affekot sech soll bereet maachen, fir dat Gesetz hei da juristesche unzefechten. Esou eppes ass eemoleg an der Geschicht vun der Chamber. Ech fannen, dass een, wann een an enger staatsragender Partei wëllt sinn, sech soll dräimol iwwerleeën, wat een hei op der Tribün seet a wat een net seet.

Ech wollt awer kloer soen, dass ech selbstverständlech och déi Motioun vun der Madamm Hartmann am Numm vun der LSAP kann ënnerstëtzen, fir no zwee Joer eng Evaluatioun ze maachen. Mir sinn net déi, déi soen, mir géifen alles besser wëssen. Mir sinn net déi, déi mengen, alles wär perfekt. Mir sinn net déi, déi soen, et wier alles virgezeechent an et géif ni méi eppes geännert ginn, am Géigendeel zu deem, wat mer haut de Moie vun der CSV haut héieren. Déi wëssen ëmmer alles besser. Just um Schluss geet et meeschtens anescht, wéi si gemengt haten. Dofir hu mir och kee Problem mat där Motioun do, ganz am Géigendeel.

Gläich nach ee Wuert zu der Ausbildung vun Infirmieren, well och dat gesot ginn ass, a vun deenen anere Gesondheetsberuffer hei zu Lëtzebuerg. Ech perséinlech sinn der Meenung, dass ee sech muss Gedanken driwwer maachen, dass een d'Ausbildung vun deene Gesondheetsberuffer vläicht zu Lëtzebuerg sollt zentraliséieren, an zwar do, wou et higeiéert, nämlech an der Santé. Da géife vläicht net nëmme Consideratiounen a Betruecht geholl ginn, déi schlussendlech awer besser Léisunge verhënnern.

Nach eppes, wat och hei gesot ginn ass vun der Limitatioun vun den Instrumenter, respektiv et soll een esou vill Instrumenter zouloosse wéi nëmme méiglech, dat géif jidderengem hei zu Lëtzebuerg nützen.

(Interruption)

Ech hunn net gesot, Dir hätt dat esou gesot. Ech wëll just eppes zu där Thematik insgesamt soen, well jo vill Leit mengen, dat wier esou. Dir wësst, dass mer zum Beispill d'Zuel vun den IRMen drastesch an d'Luucht gesat hunn an deene leschte Méint a Joren. Dat féiert awer net derzou, dass mer automatesch all eis Problemer geléist kréien. Well et geet jo net duer, d'Apparater ze hunn, mir brauchen och déi Leit, déi déi Apparater bedriewen, Dokteren notament, mee och Infirmieren an anert Spidolspersonal. An dofir ass dat net esou einfach, wéi dat heiansdo duergestallt gëtt.

Summa summarum wëll ech soen, Här President, dass ech d'Meenung deele vun deene Leit, déi gesot hunn, dass mer hei mat dësem Gesetz e ganz grouse Schrëtt maachen, fir eis Medezinn zu Lëtzebuerg ze verbessern, an anersäits dofir ze surgen, dass eise Gesondheetssystem esou staark bleift, wéi en et elo ass, an e souguer nach ka verbessert ginn.

Merçi.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kersch. Den Här Gloden wëllt Iech nach eng Fro stellen.

M. Léon Gloden (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wëll dem Här Kersch eng Fro stellen, well en huet de Kolleg Georges Mischo ugegraff. Ech wëll den Här Kersch froen, ob en den Artikel 62 vun der Constitutioun kennt.

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech hunn ...

M. Léon Gloden (CSV) | Wann net, da liesen ech Iech e vir: „Les députés votent sans en référer à leurs commettants et ne peuvent avoir en vue que l'intérêt

général.“ Dir hutt haut bewisen, datt Dir just fir Äre Commettant wielt.

Une voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Also, do wéilt ech dem Här Gloden soen: Wann e mech virdru gefrot hätt, wat den Artikel 62 ass, dann hätt ech net gewosst, wéi een Artikel dass e gemengt huet, mee deen do Artikel, dee kennen ech natierlech selbstverständlech.

Ech wëll och soen, dass ech den Här Mischo hei absollutt net ugegraff hunn. Ech hu just gesot, dass, wann en als Deputéierten deen doten Text stëmmt, e misst konsequent sinn a seng Kap als President vum CHEM ofdoen. An dozou stinn ech.

(Interruption)

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch.

(Interruption)

Den Här Wiseler freet nach d'Wuert, fir dem Här Kersch eng Fro ze stellen.

M. Claude Wiseler (CSV) | Jo, Här President, ech wëll net eng Fro stellen. Als Fait personnel.

M. Fernand Etgen, Président | Fait personnel.

M. Claude Wiseler (CSV) | Ech ginn och bis erop dofir.

Also, wat den Här Kersch hei elo am Numm vun der LSAP gemaach huet, weist jo just, wéi wäit d'LSAP verletzt ass mat deem, wat mer soen, mat den Argumenter, déi mer bréngen, an de Wourechten, déi hei zum Virschäi kommen.

Ech wëll net op säi Stil agoen, deen ass esou, wéi hien ass, dofir wëll ech dat net kommentéieren. Ech verbidde mer awer eng Rei Suggestiounen zu Meenungen, déi ech hei zum Ausdrock bréngen, well déi Meenung, déi ech hei zum Ausdrock bréngen, an dat, wat ech inhaltlech hei soen, dat soen ech, well ech fundamental iwwerzeegt sinn, och aus eegener Erfahrung, datt de Gesondheetssystem net esou fonctionéiert, wéi e misst fonctionéieren, fundamental net esou fonctionéiert, wéi e misst fonctionéieren. An dofir braucht Der och nëmmen de Plan national santé ze liesen.

Liest en eng Kéier! Ech hunn e gelies, zweemol hunn ech e gelies. Do steet alles dran, wat ech elo gesot hunn. Mir hunn extreem Schwierigkeiten, vill méi wéi an anere Länner, beim Accès zu eise medezinesche Servicer, ob dat d'Urgencen ugeet – ech zielen Iech gäre meng Geschichten duerno, déi ech selwer materlieft hunn – oder den Accès zu Spezialisten, wéi deene vun der Imagerie médicale.

E Gesondheetssystem, dat steet och textuell an dem Plan national santé, deen déi sozial Schwaach benodelegt. Liest de Plan national santé eng Kéier! E Gesondheetssystem, deen e Mangel un Dokter an u personelle Gesondheitsberuffer produzéiert huet, wou mer och net wëssen, wéi mer deen an deenen nächste Jore geléist kréien. E Gesondheetssystem, dee selwer seet – de Plan national santé –, datt déi Iddi vum Médecin référent net fonctionéiert huet an datt mer do bei Wäitem net do sinn, wou mer misste sinn. E Gesondheetssystem, wou d'Digitalisatioun net fonctionéiert huet. Mir sinn, dat seet de Plan national santé, „avant-dernier de dix pays“. E Gesondheetssystem, wou den DSP net fonctionéiert, wou de Finanzsystem vun de Spideeler net deen ass, deen e sollt sinn.

An ech kann nach weiderfuere, just fir Iech ze erklären, firwat ech der Meenung sinn, datt an deem Parlament déi Fakten do kënnen gesot ginn, ouni datt een dann Accusatiounen gemaach kritt, et géif een et verhandelen ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler (CSV) | ... oder et géif een handelen op eppes, wat een net fundamental gleeft an deem Gesondheetssystem. Dofir hunn ech et gemaach.

Zu der Remark zu der DP, wat Dir als grenzelos Frechheet consideréiert par rapport zum Wieler. Also, serieusement, dat, wat ech froen – an ech hunn der Madamm Hartmann gutt nogelauschert an ech ënnerschreiw 90 % oder 95 % vun deem, wat se hei gesot huet –, wat ech am Fong just froen, dat wär d'Konsequenz dovunner, fir ze soen: Majo, wann Der dat do wierklech mengt, wat Der sot, an ech gleewen, datt se dat éierlech mengen, an ech mengen dat jo och, jo, dann huet d'Konsequenzen doraus a stëmmt d'Gesetz net!

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler (CSV) | Dat ass awer net eng grenzelos Frechheet. Dat ass nëmme Logik!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wiseler. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zrëck un den Här Kersch.

M. Dan Kersch (LSAP) | Ganz kuerz, Här Wiseler. Ech hunn d'Erklärungen nach eng Kéier héieren. Ech hunn am Fong näischt Neies héieren. Duerfir kann ech och näischt Neies dozou soen. Meng Meenung hutt Der héiere virdrun.

(Interruptions)

M. Fernand Etgen, Président | Ma da kann ech d'Wuert weiderginn un deen nächsten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Marc Hansen.

M. Marc Hansen (déi gréng) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, als Alleréischts e grouse Merci un de Rapportier Mars Di Bartolomeo fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport zu deem Projet de loi iwwert de Virage ambulatoire, dee vill diskutéiert ginn ass an, wéi mer mierken, och nach ëmmer vill diskutéiert gëtt.

Da wéilt ech kuerz rappeléieren, wat am Koalitiounsaccord 2018-2023 iwwert de Virage ambulatoire an d'Ekipementer an Apparater steet. Engersäits: „Des mesures favorisant et accompagnant le virage ambulatoire seront mises en place.“ An anerersäits: „Afin de réduire les délais d'attente pour les examens de résonance magnétique, il sera procédé à la mise en place des quatre IRM supplémentaires prévues répondant aux derniers standards de la technologie. Tout en respectant une couverture géographique adéquate et en respectant les recommandations en matière de prescription des examens, une réflexion sera menée sur l'opportunité de l'installation en milieu extrahospitalier de plateaux techniques, diagnostiques et de traitement ambulatoire.“

D'Unzuel vun den IRMen, déi bäikomm sinn, ass elo scho méi héich wéi déi véier, déi virgesi waren, a si si geografesch sännvoll verdeelt. Dese Projet de loi erlaabt et ausserdeem, e grouse Schrëtt a Richtung Virage ambulatoire ze maachen a wäert och erlaben, am Extrahospitalier en IRM ze installéieren, och wann dat an der Kooperatioun mat de Spideeler wäert geschéien.

Da wéilt ech och nach, ier ech op de Projet de loi u sech aginn, op den Arrêt 148/19 vun der Cour constitutionnelle agoen. Am Gerichtsverfahre géint de Gesondheitsministère ass et drëms gaangen, fir mat der Beschränkung op d'Spideeler vu verschiddenen Apparater a Verfaren ze brieche an des och kënnen am Beräich vun der Privatmedezinn am Extrahospitalier ze notzen.

Den Arrêt, dee geholl ginn ass, seet net, datt eng Limitatioun op d'Spideeler vun deieren Apparater an Ekipementer net konform zu der Constitutioun ass, mee e seet, datt dat net d'äerf iwwer Règlement grand-ducal gereegelt sinn an datt et besser argumentéiert muss sinn, virun allem, wat d'Proportionalitéit vun der Limitatioun ugeet. Dat maache mer haut mat deem Projet de loi.

Ausserdeem gëtt den Asaz vun IRMen ausserhalb vun de Spideeler kloer gereegelt, andeems de Conventiounement mat engem Spidol virgeschriwwen gëtt. An de Santésministère huet en Argumentaire geliwwert, wisou d'Ubannung un d'Spideeler vun de schwéieren Apparater net nëmme gerechtfertegt, mee noutwendeg ass, fir de Fonctionnement vun eise Gesondheetssystem weiderhin ze garantéieren.

De Staatsrot hat a sengem Avis vum 25. Abrëll 2023 Bedenken, wat d'Limitatioun vun der Notzung vu verschiddenen Ekipementer an Apparater op d'Spideeler ugeet an huet duerfir weider Explikatiounen gefrot, fir des besser ze argumentéieren. Falls dat net de Fall wär, wollt en d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel net ginn.

D'Regierung ass an hiren Amendementer dorobber agaang an huet opgewisen, datt et am Lëtzebuerger Gesondheetssystem, esou wéi en opgestallt ass, kontraproduktiv wär, besonnesch wat de sännvollen Asaz vun effentleche Suen ugeet, awer och den effizienten Asaz vun techneschen a besonnesch mënschleche Ressourcen.

De Staatsrot huet dës a sengem Avis complémentaires als Argument ugeholl a wäert deemno d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ginn, och wann en der Meenung ass, datt de Risiko vun enger Insécurité juridique weider besteet an datt d'Gerichter sech eventuell wäerten domadder musse befaassen.

Dir Dammen an Hären, den Aspekt IRM ass u sech just eng Nieweschauplaz vun deem Projet de loi, och wann en an de leschte Jore quasi als Synonym fir de Virage ambulatoire duergestallt gouf an ëmmer erëm emotional héichgekacht ginn ass.

Ëm wat geet et also haaptsächlech an deem Projet de loi? De Projet de loi definéiert de Kader, an deem verschidden Aktivitéiten an Zukunft kënnen ausserhalb vum Spidol ugebuede ginn, fir déi een haut nach muss an d'Spidol goen, fir esou d'Prise en charge vun de Patienten ze verbessern, ouni awer de Lëtzebuerger Gesondheetssystem a Fro ze stellen, deen op Universalitéit, Gläichheet, Solidaritéit a Qualitéit opgebaut ass.

D'Aktivitéiten, déi betraff sinn, sinn déi, déi keng Spidolsbetter brauchen a kënnen a sougenannten „Antennen“ ugebuede ginn. Dës Antenne kann ee sech éischter virstelle wéi eng méi grouss Dokteschpraxis, wou zum Beispill d'Dialys, d'Imagerie médicale, d'Hospitalisation de jour non chirurgicale oder ambulant Kriibstraitementer ugebuede kënnen ginn.

Dës Antenne kënnen op Initiativ vum Spidol oder vun engem oder méi Dokter oder Dokteschen initiéiert ginn. Déi eenzeg Konditioun ass, dass d'Partner e gemeinsamen Nenner fannen, fir d'Aktivitéit am Kader vun enger Konventioun tëscht Spidol an Dokter zu organiséieren.

D'Konventioun, déi muss ënnerschriwwen ginn, gëtt vu verschiddene Säiten als Tutelle vun de Spideeler iwwert d'Praxissen ugesinn. déi gréng gesinn dat net esou.

Une voix | Très bien!

M. Marc Hansen (déi gréng) | Wann e private Cabinet wëllt an der Kollaboratioun mam Spidol

en Apparat installéieren, da gëtt just fir d'Notzung vun dësem Apparat eng Konventioun ënnereneen ausgeschafft, eng Konventioun, déi absolutt keng Influenz op de Fonctionnement vum Rescht vun der Praxis huet. Dat wëllt soen, datt en Dokter, deen an dëser Praxis aktiv ass an näischt mam Apparat oder Ekipement ze dinn huet, deen iwwert d'Konventioun gereegelt ass, och net vun dëser Konventioun impaktéiert ass. Deen ass domat absolutt net un d'Spidol gebonnen an huet eng total Liberté d'exercice.

Une voix | Très bien!

M. Marc Hansen (déi gréng) | D'Ekip, déi mam Apparat schafft, ass och just un dat gebonnen, wat an der Konventioun steet an net un dat, wat e Spidol hinne seet. Do ka souwuel d'Spidol wéi de Cabinet médical d'Mise à disposition vun de Geräter oder der Infrastruktur maachen. Vun Tutelle vun de Spideeler kann also net geschwat ginn.

Wat fir déi gréng awer och wichteg ass, ass, datt d'Gesondheetspersonal aus den Antennen, déi ënner der Konventioun schaffen, sech un de Garde vun de Spideeler solle bedeelegen. Dat ass fir eis en zentrale Punkt, well dëst spezialiséiert Personal immens rar ass. Mir bilden der aktuell net genuch aus, wat e Problem ass, a rekrutéiere bis wäit iwwer eis Grenzen ewech.

D'Multiplikatioun vun den IRMen an anere Sitten dierf net derzou féieren, dass rodéiert Ekippen zersplittert ginn an eng fundamental Mission de santé publique wéi d'Garden net méi kann assuréiert gi weinst enger Ofwanderung vu Personal.

Esou vill zu enger méi sachlecher Betruechtung vun dësem Projet de loi. Mee d'Diskussioun op der Place publique, déi de Virage ambulatoire ervirbruecht huet, war alles anescht wéi sachlech. Emotional héichgekacht ass den Dossier, well d'Waardezäit, fir eng IRM gemaach ze kréien, deelweis extreem laang war an dofir Drock entstanen ass aus dem Privatsektor, fir och ausserhalb vun de Spideeler IRMen oder aner Ennersichunge kënnen ze maachen.

(Interruption)

Mir sinn eis hei all eens: Déi Waardezäite waren ze laang! Mee do ass dergéintgeschafft ginn. Dobäi ass och ëmmer erëm opgeworf ginn, datt déi Leit, déi sech et leeschte kënnen, an d'Ausland ginn an déi, déi sech et net leeschte kënnen, müssen hei zu Lëtzebuerg laang waarden.

Laut dem Rapport „La réalisation des examens de l'imagerie par résonance magnétique au Luxembourg en 2019“, deen 2022 erauskoum, sinn 0,3 % bis 0,9 % vun den Awunner an d'Ausland gaangen, fir eng IRM ze maachen. Dat ännert a Fonctioun vun de Kantoner, wou d'Leit wunnen.

Dës Zuel kann ee schwéierlech als Argument huelen, fir d'Ausso ze ënnermaueren: „Mir hu schonn eng Zwouklassemedezinn!“, ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Hansen (déi gréng) | ... déi vun de Verfechter vu méi Privatiséierung am Lëtzebuerger Gesondheetssystem gären an de Raum gehäit gëtt.

Mir hu keng Zwouklassemedezinn, mee e Problem vun der Offer a bestëmmte Beräicher. Dat sinn Erausfuerderungen, déi mer léise kënnen, wa mer déi richteg Mesürene huelen. An dat ass jo deelweis scho geschitt. Esou ass d'Unzuel vun den IRMen an de leschte Jore quasi verduebelt ginn, an domat sinn och d'Waardezäiten erofgaangen.

Zousätzlech gëtt och elo an engem Pilotprojet gekuckt, ob een d'Apparater net ka méi effizient notzen,

andeems se och owes méi spéit a weekends kënnen genotzt ginn. Dat ass iwwregens och agefouert ginn, deelweis op d'Interventioun vum Josée Lorsché a mir an enger Question parlementaire.

Ergänzend dozou muss awer och d'Verschreiwungspraxis iwwerwaacht ginn a reegelméisseg Rapport ofgeluecht ginn iwwert d'Unzuel vun den IRMen, déi gemaach ginn, de Verschreiwungsgrond an eng Analys iwwert déi medezinnesch Validitéit vun de Verschreiwungen, och eng Missioun, déi vum Observatoire national de la santé kéint iwwerholl ginn.

Natierlech muss een op dëser Plaz och déi allgemeng Diskussioun féieren: Wéi liberal kann, soll oder muss eng liberal Medezinn sinn? An d'Fro, ob kann eng total Libertéit an engem Beräich existéieren, deen ëffentlech finanziéiert gëtt, muss och erlaabt sinn. Ass et net awer esou, datt de Staat an deem Fall soll kënnen definéieren, wou ënner welleche Konditiounen besonnesch Apparater an Infrastrukture mat grousssem finanziellem Opwand a mat Asaz vun extreem rare spezialiséierten Aarbechtskräften kënnen opgebaut a genotzt ginn?

Fir déi gréng ass et evident, datt och an engem liberale System eng Planifikatioun muss méiglech sinn, wann dëst am Sënn vun der Santé publique ass, zum Beispill fir ze evitéieren, datt onkontrolléiert esou Apparater aus dem Buedem sprissen an een herno d'ëffentlech Ausgaben net méi ënner Kontroll huet, ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Hansen (déi gréng) | ... oder fir dat Personal, dat do ass a wou elo schonn eng Penurie besteet, effizient anzesetzen. Eng ongereegelt Multiplikatioun vun de Sitten erlaabt dëst net.

Am Kontext vum Exercice de la médecine vu Liberté de commerce et de l'industrie ze schwätzen, ...

Une voix | Genau!

M. Marc Hansen (déi gréng) | ... wéi d'Autorité de la concurrence dat mécht a wéi den Här Wiseler et och gesot huet, kënnen déi gréng just mat Erstaunen aktéieren. Mir hoffen awer, datt weeder d'Dokteren nach iergendeen heibannen der Meenung ass, datt den Exercice de la médecine e Commerce soll sinn.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Hansen (déi gréng) | Genau dat gëllt et fir eis ze evitéieren. Kee wëllt eng total Liberalisatioun vum Gesondheetssektor, wéi en zu Esch schonn an de Startbléck steet, ...

Une voix | Genausou!

M. Marc Hansen (déi gréng) | ... wou en Investmentfong wëllt an eng Praxis investéieren, wou een och kann IRMe maachen a wou d'Lokaler u verschiddenen Doktere verlount ginn, stonneweis, jo, Dir hutt richteg héieren, stonneweis. An dann? Jo, an da sinn déi Dokteren net méi am Land, well oft komme se aus dem Ausland an domat ass d'Continuité des soins vun de Patienten absolutt net méi garantéiert.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Hansen (déi gréng) | Dat klénkt no Medezinn no ekonomesche Krittären an net no Aarbecht am Respekt vun der Santé publique. D'Renditt dierf net virun d'Gesondheet vun eiser Populatioun gestallt ginn. Duerfir sinn déi gréng der Meenung, datt beim Projet de loi 8013, wou et de Gesondheetsberuffer soll erméiglecht ginn, sech an enger Gesellschaft ze regroupéieren, onbedéngt muss evitéiert ginn, datt et a Richtung Finanzialiséierung vum Gesondheetssystem geet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Hansen (déi gréng) | Dir Dammen an Härn, fir déi gréng sinn dat alles fondéiert Grënn, fir am Beräich vun den Apparater an Ekipementen, déi iwwer 250.000 Euro kaschten an déi mat ëffentleche Gelder finanziéiert ginn, eng Planifikatioun a Fonctioun vun de Besoinen ze maachen. Dat wëllt soen, datt der sollen esou vill do sinn, datt et keng laang Waardezäite gëtt fir bäizekommen. Gläichzäiteg brauch et awer och net méi Apparater, wéi de Besoin et néideg mécht.

Duerfir si mer der Meenung, datt ee permanent soll de Besoin analyséieren an dann d'Unzuel vun den Apparater upassen. Wann der solle bäikommen, solle se dann och geografesch do implantéiert ginn, wou se am meeschte gebraucht ginn.

Mir hunn ëmmer erëm drop insistéiert, datt d'Besoinen um Terrain reegelméisseg iwwert de Wee vun enger Carte sanitaire extrahospitalière sollen analyséiert ginn, fir kontinuierlech dës Apparater an Ekipementen unzepassen. An et ass jo och elo virgesinn, datt den Observatoire national de la santé dat soll maachen.

Et gëtt eng anstänneg Planifikatioun gebraucht. Dat ass net ze verwiessele mat Planwirtschaft, esou wéi dat vu ville Säiten ze héieren ass. Hei geet et drëm, Previsibilitéit ze schafen an ëffentlech Suen en bon père de famille respektiv en bonne mère de famille ze geréieren. Et geet och drëm, eng Dispersioun vun den techneschen Ekipementen ze evitéieren an domat keng effizient Notzung méi kënnen ze garantéieren, mee besonnesch awer och d'Dispersioun vum Personal ze evitéieren, wou mer schonn eng Penurie hunn, besonnesch beim spezialiséierte Personal, dat fir esou Apparater néideg ass.

Här President, mat dësem Projet de loi schafe mer Kloeerheet an engem Beräich, dee wärend vill ze ville Jore fir vill Diskussiounen, Sträit an Onzefriddenheet am Sektuer gesuergt huet. Endlech hu mer de Wee aus dem rechtlechen Niemandsländ erausfonnt a beweegen eis elo erëm op engem reglementéierten Terrain.

Ausserdeem, och wann et vill ze laang gedauert huet, brénge mer domat awer eng méi flexibel Offer fir de Patient an Aklang mat de Wënsch vun den Dokteren um Terrain an den Imperative vun der Santé publique.

Et muss een awer och feststellen, datt dës Projet de loi net all Problem um Terrain léist an och net jiddereen zefriddestallt ass. Dat gesäit een un den Diskussiounen, déi weider gefouert ginn.

Och de Staatsrot seet, datt de Risiko besteet, datt d'Gerichter sech wäerte mat de Konsequenzen vum Text, dee mer haut diskutéieren, befaassen, fir ze erklären, ob dësen Text d'Liberté d'exercice vun den Dokteren als Profession libérale aschränkt oder ob de Staat d'Recht huet, an engem mat ëffentleche Gelder finanziéierte System eng Planifikatioun op d'Been ze stellen, fir d'Ausgaben ze encadréieren. Do huet mat dësem Projet de loi e politesche Choix misse geholl ginn, hannert deem déi gréng Fraktioun steet.

D'Erausfuerderunge bleiwen awer och nom Vott vun dësem Projet de loi bestoen. Kuckt een d'Entwécklung zu Lëtzebuerg a besonnesch och am Ausland, besteet weiderhi Besoin, fir de Virage ambulatoire weiderzedreiwen. Fir déi gréng ass et kloer, datt de Financement vu Gemeinschaftspraxisse muss esou opgestallt ginn, datt de Spidolsektor net defavoriséiert gëtt.

Une voix | Très bien!

M. Marc Hansen (déi gréng) | D'Spideeler sinn d'Réckgrat vun der Santé publique a musse 24/24

Stonnen a 7/7 Deeg de Parcours du patient garantieren.

De Patient däerf och net duerch méi Privatiséierung méi belascht ginn. Et muss evitéiert ginn, dass e Patient mat Zousazverséierung méi schnell e Rendez-vous kritt wéi de Patient ouni.

Nieft dem Risiko vum enger wirklecher Zwouklassemedezinn besteet och de Risiko vu Konkurrenzkampf tëscht de verschiddenen Exploitanten vum Ekipement an Apparater, wat zu engem finanziellen Drock, fir den Apparat ze rentabiliséieren, ka féieren. De Problem vum den net justifiéierten IRM-Verschreibungen oder aner Akte géif heiderum an d'Luucht goen. Et mussen duerfir och kloer Krittären definéiert ginn, wat d'Utilisatioun an d'Kontroll vun den Apparater betrëfft a wat déi néideg Qualifikatioun, Unzuel a Remuneration vum Personal ugeet, dass dës Apparater handhaabt.

Kuckt een dës Projet zesumme mam Projet de loi 8013 iwwert d'Gesellschaft fir d'Gesondheitsberuf, gesäit een, dass u sech e grouse Schrëtt a Richtung Ambulatoire gemaach gëtt, och wa fir déi méi deier Apparater an Ekipementen eng Planifikatioun bestoe bleift, déi de Wildwuchs soll evitéieren an d'Kontroll vun den Dépense vum den öffentliche Sue soll weider erméiglechen.

Fir eis ass et fundamental, dass déi nei Strukturen sech an der Verantwortung gesinn, un der Mission de santé publique deelzehuelen. Mir brauchen an éischter Linn eng Stärkung vun der Éischtversuerg, eng Qualité de service, déi an den ambulanten Antenne muss um Spidolsniveau leien, an e System vu Garden, dee funktionsfäeg bleift, ouni dass d'Aarbechtsbedingunge vum Personal, dass dës Garden assuréiert, negativ impaktéiert ginn.

Eng aner wichteg Fro, déi fir eis nach net zefriddestellend gekläert ass, ass d'Fro vun de Kollektivverträge aus dem Spidolssektor a wéi déi sech an den ambulanten Antenne wäerten applizéieren, net nëmmen an deem Beräich, deem iwwert d'Konventionen geregelt gëtt.

D'Gewerkschaften wäerten hei och genau kucken, dass iwwert de Wee vum „out of hospital“ de Spidolskollektivvertrag net wäert ënnergruene ginn an esou eng Concurrence déloyale par rapport zum Spidolssektor kéint entstehen.

Dës gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun, a mir droe selbstverständlech och d'Motion, déi vun der Madamm Hartmann deposéiert ginn ass, mat. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänken e Merci dem Här Mars Di Bartolomeo fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport.

An deene leschte Joren ass eis nees bewosst ginn, wéi wichteg de Gesondheitssystem ass.

Une voix | Très bien!

M. Jeff Engelen (ADR) | Wa mer eis awer haut besonnenes mat deem Sektur wëlle beschäftegen, dann ass et, well dee Sektur leider mat ville Problemer befaasst oder geplot ass, trotz der Qualitéit an dem onermiddlechen Asaz vu senge Leit, déi eng exzellente Aarbecht leeschten.

Mir hunn et hei mat Problemer ze dinn, déi net dem Gesondheitssektor selwer seng Schuld sinn, mee

déi meeschtens vun der Politik verschëlt sinn, dass wëllt soen, vun uewen erof, vun enger Politik, déi net Schrack mat den Eerausforderungen hält, vun enger Politik, déi keng oder falsch Decisiounen hält, a vun enger Politik, déi u vereeltzte Rezepten festhält, amplat sech Léisungen opzemaache fir muer.

D'Patienten kennen déi Problemer, d'Leit aus dem Sektur kenne se och. An awer geschitt näischt. Fir d'ADR ass deen Zoustand inakzeptabel.

D'Leit fäerten hautzedaags reegelrecht, fir krank ze ginn, speziell an Zäite wéi nuets oder de Weekend. Ech kéint elo meng Riedezäit notzen, fir all dës Erfahrungen, déi ons matgedeelt goufen, hei duerzeleeën. Do gëtt et der leider vill ze vill. Mir maachen dat net. Mee dass eppes am Gesondheitswiesem net stëmmt, gesi mer och an deene véier Petitiounen, déi kierzlech hei an der Chamber diskutéiert goufen.

Dës Gesetzesprojet bréngt eng Rei vun Inkohärenzen mat sech. D'Approche vum Projet ass vu renger Planwirtschaft, déi näischt mat der Realitéit vum Marché, also vun der Offer an der Demande, ze dinn huet. Mir liesen am Projet ënner anerem, dass déi sougenannt „équipements lourds“, déi an der Annex 3 opgeléist sinn, zum Beispill IRM oder Mammografie, just fir de Milieu hospitalier reservéiert sinn. Dës Lëscht, also d'Annex 3, „sera opposable aux médecins qui ne peuvent donc pas installer et exploiter à leur compte les appareils réservés au milieu hospitalier“. Do sinn och d'Apparater mat Prise en charge vun iwwer 250.000 Euro betrafft.

Mir sinn also an enger Approche vun enger Planwirtschaft, déi d'Offer vum Gesondheitswiesem net ausbaut. D'Doktere si Fachleut am Zentrum vum Gesondheitssystem, déi eng Fräiheet brauchen, fir de Beruff kënne korrekt auszeüben. Déi sougenannt „liberté d'exercice“ ass also essenziell, fir de Patienten eng Offer a Leeschtunge konform an am Aklang mam medezinnesche Fortschrëtt ze offéieren.

D'Ausübe vun engem liberalen Beruff ass an der Verfassung garantéiert, ausser fir Restriktionen, déi vum Gesetz virgesi sinn.

Eng Restriktion vum liberalen Beruff duerch e Gesetz muss ëmmer d'Krittären vun der Proportionalitéit respektéieren a si muss och passend zu de proposéierten Zwecker sinn. Et gëtt aktuell vill Problemer am Gesondheitssystem. Trotz den Ukënnungen gëtt d'ambulant Behandlung net favoriséiert, d'spezialiséiert Medezinn bleift weesentlech konzentréiert an de Spideeler, de Sektur extrahospitalier vun der allgemenger Medezinn an och d'spezialmedezinn bleift ënnerfinanziert. D'Spidolsinfrastruktur ass gréisstendeels net adequat fir eng operationell ambulant Behandlung an der Medezinn.

D'Finanzéierung an d'Erneuerung vun den Apparater sinn net méi de Besoinen vun der moderner Medezinn ugepasst. Aus all deene Grënn ass een Zougang zu enger Qualitéitsversuerg net méi garantéiert bannent den Delaien, déi als akzeptabel ugesi kënne ginn.

De Gesetzesprojet a senger aktueller Form verhénnert net, dass d'Patienten sech kënnen an d'Ausland ofsetzen, well se do méi schnell hir Diagnos gemaach kréien. An domadder si mer dann, wéi virdu gesot, bei enger Zwouklassemedezinn.

D'AMMD weist zu Recht drop hin, dass si bei dësem Gesetzesprojet net mat agebonne gouf. Och dat bedauere mer. Domadder war dann och kee wirklechen Argumentenaustosch ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Engelen, erlaabt Dir, dass den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

M. Jeff Engelen (ADR) | Jo, ech hat dem Här Kersch schonn eng Kéier gesot: Meng Riedezäit ass begrenzt an ech hunn elo keng Loscht, fir dorobber ze äntweren.

(Interruptions)

Ech maachen elo mol mäint an duerno kënne mer dann driwwer diskutéieren.

M. Fernand Etgen, Président | Da fuert emol weider.

M. Jeff Engelen (ADR) | Jo. D'AMMD weist zu Recht drop hin, dass dës Gesetzesprojet net mat hinnen diskutéiert ginn ass. Dowéinst gouf et och kee wirklechen Argumentenaustosch, fir déi bescht Léisung ze fannen. Dës Gesetzesprojet ass de perfekte Beweis, dass den Dialog nach ëmmer kee Leitmotiv ass an der Gesondheitspolitik. D'Auteurs setzen hir Iddien einfach duerch. Dass da warscheinlech fir si méi einfach. Déi initial Iddi vum Gesondheitsdësch gëtt dofir an eng Alibiorganisatioun ëmgewandelt.

D'Logik vun der Staatsplanung, déi versot huet, gëtt zu Onrecht erhale fir angeblech Argumenter vu Käschtekontroll op där enger Säit an aus Grënn vu politescher Kontroll op där anerer Säit. Tatsächlech entscheet de Gesondheitsminister oder -ministerin schlussendlech aleng iwwert d'Allocatioun vu weesentlechen finanziellen Ressourcen.

Zesummegefaasst muss ee feststellen, dass de Gesetzesprojet d'Zil huet, eng Politiséierung am Beräich vun der Gesondheet ze verëiwegen, dass d'Dokteren an och aner Gesondheitsspezialisten bewosst ausgegrenzt ginn.

Une voix | Très bien!

M. Jeff Engelen (ADR) | Esou eng Politik ignoréiert déi séier verännert reell Bedierfnissen vun de Bierger, déi net gehéiert ginn an och keen Afloss op d'Decisiounen huele kënnen.

Als Nächst ass et absurd, dass de Gesetzesprojet virgesäit, dass dës zousätzlech Sitten eenzeg an aleng duerch d'Spideeler bedriwwen ginn. D'Fro ass och, firwat dës ambulant Strukturen mat getrenntem Patientestroum a vereinfachter Organisatioun net kënne vun Doktere geréiert ginn. Dës ass eng aner inakzeptabel Restriktion vum liberalen Beruff. Dës ass wirklech e weidere Schued fir déi gesond Entwécklung vum Beruff an e weideren Nodeel fir d'Patienten.

Här President, dës Gesetzesprojet féiert zu weidere Restriktionen vun de fundamentale Fräiheeten vu bestëmmten medezinneschen Beruffen. Tatsächlech geet et drëms, fir weiderhin den Zougang an d'Notzung vun der Ausrüstung ze beschränken, fir d'Käschten ze plangen an ze kontrolléieren. D'Benotzung vun IRMen exklusiv op d'Spideeler oder Annexen ze beschränken, ass e Monopol an eng Aschränkung vum liberalen Beruff, obwuel jo esou vill Patienten dréngend op dës Apparaturen ugewise sinn an d'Wardezäiten heiansdo méintelaang sinn. Eis Fro ass follgend: Wéi wëllt Dir dat mat enger Offer vu Qualitéitsfleeg an Aklang bréngen? D'Generaliste sinn alarméiert, dass si just limitéierten Zougang zu fristgerechte Rendez-vousen fir hir Patienten mat dréngende Problemer hunn.

Wat d'Finanzen ugeet, war d'Cour des comptes ganz kritesch an engem vun hire Berichter, speziell am Joer 2019, déi si publizéiert huet.

En anere Fakt, deem ëmmer bemierkbar gëtt, ass dee vum Spidolsmanagement, deem ëmmer méi bürokratesch an domadder och deels méi verschwenderesch gëtt.

Et gëtt vill juristesche Onkloerheeten. De Gesetzesprojet iwwert de sougenannte „Virage ambulatoire“

ass ennen Panik entstanden an e soll elo an der Urgence gestëmmt ginn. Déi juristesche Onkloerheete betreffe virun allem de Prinzip, dass verschidden Apparater an Ekipementer just fir de Milieu hospitalier reservéiert sinn an esou net kënnen vun Dokteren an hire Cabinete benotzt ginn. Dëst ass eng fundamental Aschränkung vun engem fräie Beruff.

An de Staatsrot seet et ausdrécklech a sengem Avis, an trotzdeem hält d'Regierung un deem Text fest, wëssend, datt en eigentlech net konform zur Verfassung ass. De Staatsrot gëtt déi ganz Argumentation a sengem Avis. D'Konsequenzen, déi dat fir de Gesondheetssystem a fir de Staat hätt, si valabel Grënn, fir den Text iwwert d'Dezentraliséierung vun de medezinnesche Servicer net ze stëmmen, wat mer och maachen.

Et muss een och feststellen, datt déi Gesondheetssystem vum de leschte Joren ... an do muss ech den Här Wiseler korrigéieren, net nëmmen déi lescht zéng Joer, mee ech mengen, et ass scho méi wäit hier, wou dat ass.

Une voix | Très bien!

M. Jeff Engelen (ADR) | An ech mengen, en huet dat ..., mee do ware si warscheinlech mat an der Koalition, dofir huet en dat ausgeklamert. Mee wann een objektiv kuckt, muss een dat scho méi laangfristeg kucken.

An ech soen Iech Merci fir Är Opmerksamkeet. Mir wäerten dëst Gesetz natierlech net stëmmen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen. Elo kréie mer awer nach d'Geleeënheet, fir ze weisen, datt Dialog e Leitmotiv fir Iech an der Gesondheetssystem ass, well den Här Kersch wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, Dialog, awer net Polemik!

M. Dan Kersch (LSAP) | Jo, et ass och absolutt keng Polemik. Am Géigendeel: Et ass wierklech eng seriö Fro. Et geet ëm d'Definition vum deem, wat d'Zwouklassemdezinn ass. Ech muss Iech soen, ech hu manner Problemer domadder, dass et Leit gëtt, déi mengen, si géifen am Ausland bezuelen a se géifen dofir e Service kréien, dee se vermeintlech hei zu Lëtzebuerg net kréien.

Mee fir mech – an ech mengen, dass mer eis do guer net esou wäit aus de Féiss sinn – besteet d'Zwouklassemdezinn éischter doranner, dass et Leit gëtt, déi mengen, se géife sech eng Zousatzversicherung zur Lëtzeburger Sozialversicherung bezuelen a se géifen doduerch e privilegierten Zougang kréien an enger liberaliséierter Lëtzeburger Medezinn. An ech mengen, dat ass déi Zwouklassemdezinn, déi mir wëlle verhënnern. An ech ginn dervun aus, dass dat bei Iech net anescht ass. Jiddefalls hunn ech Iech esou verstanen, wéi Der Iech virdrun ausgedréckt hutt.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch. An ech ginn d'Wuert zréck un den Här Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Dat ass Är Versioun. Mir gesinn et aus der Sicht vum Patient. An de Patient, wann e sech et ka leeschten, da geet en an d'Ausland. Ech wunne jo zu Tratten, dat wësst Der alleguerten. Mee mir kréie méi séier e Rendez-vous zu Sankt Vith oder och nach zu Tréier. Da fuere mir dohinner an da komme mir erëm. An ech mengen, do hu mer jo schonn den Zwouklassemdezinn. Wann ech mer dat ka leeschten, well ech muss jo déi Sue virstrecken, ech kréie se duerno erëm, dat ass an der Rei, mee am anere Fall ... Ech

mengen, dat ass dat, wat mir mat Zwouklassemdezinn mengen an näischt aneres.

Här Kersch, merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen. Da komme mer elo ...

M. Dan Kersch (LSAP) | An d'Keessepatienten kommen op Lëtzebuerg!

M. Fernand Etgen, Président | ... bei den nächsten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm an Här Minister, fir d'éischt emol dem Här Rapporteur e grouse Merci fir säi komplette Rapport. Jo, an de leschte Méint a Wochen ass dëst Gesetz ëmmer erëm an der Effentlechkeet als „Virage ambulatoire“ bezeichent ginn. Dat ass et awer net an eisen Aen. Dat hei ass kee Gesetz, dat e generelle Virage ambulatoire vum Spidolswiese reglementéiert. Et geet just ëm eng Verlagerung vu spezifesch Prestatiounen a supplementär Spidolssitten an Antennen ausserhalb vum zentrale Spidol, also de facto eng Zentraliséierung vu verschiddene Spidolaktivitéiten.

Här President, de Virage ambulatoire ass scho méi laang ennerwee, an dat ouni weider gesetzlech Upassungen. Effektiv, spéitstens zënter 2019 an der Decisioun vum Verwaltungsgericht, spéitstens do hätt misse geschalt ginn an d'Reglementation verschäerft ginn, fir ze verhënnern, dass nach aner Leit vum dëser Jurisprudenz profitéieren. An natierlech huet et net laang gedauert, bis d'Affär um Dësch laang mam IRM an engem Centre médical um Potaschbiere, dee jo ouni Autorisation vum Ministère installéiert gouf a mat private Gelder finanziert war. Mir hunn deemools relativ vill an der Chamber doriwwer geschwat.

Här President, mat dësem Gesetzesprojet ass zumindest emol eng gesetzlech Basis geschaf, déi kloer Limitatiounen vum der Zuel un Apparater pro Spidol a Spidolstruktur ugëtt. Dës Apparater dierfen och just am Spidolskader exploitéiert ginn. Mir begreissen dat, well dem Business mat den IRMe musse Grenze gesat ginn.

Här President, mir hu vollt Verständnis dofir, dass ee gestresst a besuergt ass, wann een ze laang op e Rendez-vous bei engem IRM-Scan waarde muss. Mir wëssen och, dass den Osten net genuch couvréiert ass, wat Gesondheetsservicer ubelaangt. Mir wëllen awer och drun erënneren, dass Lëtzebuerg dat Land an Europa ass, dat déi meeschten IRMe pro Awunner huet. Am Verglach zu Däitschland huet Lëtzebuerg 50-mol méi IRM-Apparater pro ratio Awunner. Dat schreift d'CSL an hirem Avis. Dat ass eng zimmlech impressionant Zuel. Dat heescht an Zuelen ausgedréckt: Lëtzebuerg huet 12 IRMe fir 600.000 Awunner an Däitschland 35 IRMe fir 83 Milliounen Awunner. Esou hu mer et aus dem Avis vum der CSL herausgelies. Dat sinn awer impressionant Zuelen.

Här President, komescherweis si rezenten Donnéeën no trotz méi IRM-Apparater d'Wardezäiten net drastesch erofgaang, fir e Rendez-vous ze kréien – souwäit ech weess 20 %. Dat ass an eisen Aen awer elo net enorm, fir dass ech ... Mir hunn elo just virdrun héieren, datt hei an deene leschten zwee Joer duebel esou vill IRMen do sinn, soudass mir eis d'Fro stellen, wéi sënnavoll déi nei Acquisitiounen sinn a wéi vill vun de Preskriptiounen fir en IRM dann iwwerhaupt néideg sinn.

D'Remboursementen vum der Krankekeess baséiere jo um Prinzip vum „utile et nécessaire“. Fir ze verhënnern, dass déi sëlleg schwéier deier Apparater de Budget vum der Krankekeess sprengen, misst eventuell kontrolléiert ginn, ob d'Dokteren dëse Prinzip dann och wierklech respektéieren oder ob net awer zum Deel eng reng Profitlogik priméiert, déi d'Onwësse vum Patient awer och zum Deel da vläicht ausnotzt.

Här President, et feelt eis un Informatiounen an un objektiven Donnéeën, déi kënnen begrënnen, firwat da just véier prezis medezinnesch Beräicher ambulant am Kader vum neien dezentrale Spidolssitte sollen ugebuede ginn. Beim IRM hu mer jo schonn d'Froen opgeworf vum der Necessitéit par rapport zum eigentlechen eventuelle Besoin beim Patient. Fir eis ass och net ganz kloer, firwat genee d'Dialys, d'Onkologie an d'Hospitalisation de jour sollen ausserhalb vum zentrale Spidol ugebuede ginn.

Jo, mir wëssen, dass d'Zuel u Behandlungen an deene Beräicher effektiv steeteg wiisst. Déi Zuele stinn och am Exposé des motifs vum Gesetz a sinn och an der Carte sanitaire nozeliesen. Mee mir wëssen och, dass Ëmweltverschmutzung, Tabagismus, Alkoholismus an aner gesondheetsschiedlecht Konsumverhalten zu ëmmer méi Obesitéit bei der Populatioun an och zum Kriibsrisko bäidréit. Mir wëssen, dass doduerch ëmmer méi Leit op eng Dialys an op Chimiotherapien an esou weider ugewise sinn. Dass Leit, déi an eng Dialys oder eng Chimio musse goen, net esou mobil sinn, dat wësse mer, an doduerch mécht et och Sënn, dass dës Prestatiounen effektiv méi no bei de Leit ugesidelt ginn. Dat kann een novollzéien.

Trotzdem fanne mir et bedenklech, dass grad wéinst der Entwécklung vun dësen Pathologien, déi ëmwelt-a konsumbedéngt sinn, net verstärkt an d'Preventioun an den Zougang zu primäre Gesondheetsservicer zu Lëtzebuerg investéiert gëtt. Mir haten do déi eng oder aner Debatt och iwwer Ëmweltmedezinn, wou mer ganz vill iwwer Preventioun geschwat hunn. Do kann een u ganz aner Saachen denken, wéi zum Beispill Ernährung, méi biologesch Ernährung an de Kantinnen, Ëmweltbelaaschtung erofdrécken duerch en Erofrécke vum den CO₂-Ausstéiss zum Beispill, duerch eng allgemeng Reduzéierung vun der Vitess an de Stied an Dierfer. Do si mer bei ganz aneren Theemen, mee voilà, do si mer an der Preventioun, an enger ..., wat mir wierklech Preventioun nennen, vum esou Krankheeten, déi awer wierklech immens wuessen an eise Länner.

Här President, et gëtt dann och en neie Finanzéierungssystem hei agefouert, dee forfaitaire ass. Mir sinn do ganz skeptesch a gesinn doran eng Ouverture fir déi faméis Tarification à l'activité, déi sech hannert der Ausso „instauration d'une modalité de collaboration et de financement plus flexibles à l'activité ciblée sur les soins ambulatoires“ verstoppt. Esou eng Finanzéierungsmethod huet a Frankräich zu enger enormer Konkurrenz tëscht de Spideeler an enger geckeger Kompetitioun gefouert. Wie méi Aktivitéiten do ubitt, méi Prestatiounen brummt, dee kritt méi vum Staat. Dës Fließbandlogik huet an eisem Nopeschland zu enger Degradatioun vun der Qualitéit an dem Burnout vum Gesondheetspersonal gefouert. Et ass ze hoffen, dass mer zu Lëtzebuerg net op dee Wee wäerte goen.

Här President, d'Budgetiséierung vun den ambulatoir Prestatiounen a Sitte verleeft dem Gesetz no ausserhalb vum der Enveloppe budgétaire vum der Spideeler. Dat geet an eisen Aen an déi falsch Richtung a féiert zu nach méi Intransparenz a Manktum u Kontroll vum Budget, dee fir de Fonctionnement vun der Spideeler virgesinn ass.

Mir bedauern och e Manktum u Prezisiounen iwwert d'Personal an d'Aarbechtskonditiounen. D'Gesetz gesäit e spezielle Kontrakt mat de liberalen Doktere vir, e „contrat-type de collaboration“, deen d'Kollaboratioun tëscht dem Spidol an de liberalen Dokteren an deenen ambulanten Zentere soll reegelen. Wéi genee dee soll ausgesinn, wësse mir awer net. Mir fäerten, dass dës Flou am Gesetz ausgenutzt kéint ginn, fir komesch Arrangementen ze maachen, déi op d'Käschte vun de Salariéen ënnert dem Gesondheitspersonal kéinte goen.

Fir eis müssen d'Aarbechtskonditiounen fir d'Personal an deenen ambulatorië Sitten och op engem gemeinsamen Nenner ugepasst ginn, an dat geet an eisen Aen am beschten, wann d'Personal ausschliesslech aus Salarié besteet. Dat ass awer net esou am Projet de loi virgesinn.

D'CSL weist dann och an hirem Avis op e gewaltege Widdersproch vun der Ausrichtung vun der Gesondheitspolitik hin, deen dës Projet de loi ervirsträcht. Engersäits setzt dëst Gesetz jo kloer Limiten a Konditiounen, wat d'Acquisitioun vun den deieren, schwéieren, technesch komplexen Apparater an Ekipementen ubelaangt, wat mer, wéi gesot, begrëssen. Dat mam Zil, dass verhénnert soll ginn, dass privat Cabineten a Gesondheitszentere Profitt aus der Exploitatioun vun dësen Apparater schloen, virun allem op d'Käschte vun eiser Gesondtheitskeess. Esou eng Privatiséierung vun Apparater, déi bis elo just am Spidolskader kënne genotzt ginn, géif eng seriö Konkurrenz fir d'effentlech Spidol bedeuten an zu enger Ausbludung vun de Spidolsfinanze féiere kënne.

Opgrond dovunner ass et fir eis onverständlech, dass en anere Gesetzesprojet um Instanzewe ass, iwwert deen och haut scho geschwat ginn ass, deen d'Dier fir d'Grënnung vu privaten Dokteschgesellschaften opmécht, liberale Cabineten, déi mat private Gelder vun auslännesche Firms finanziert kënne ginn. Falls dat Gesetz vun den Dokteschgesellschaften sollt duerchoen – dat ka jo dann awer no de Wale sinn –, da muss mer eis seriö Gedanken maachen, wéi eis Spideeler a Spidolsantennen dës Mise en concurrence déloyale kënne iwwerliewen. Mir maachen eis also do Suergen driwwer.

Här President, bei dësem Projet de loi stellt sech och d'Fro, wouhi sech eise Gesondheitssystem orientéiere soll. Ganz éierlech gesot: Mir hunn zu Lëtzebuerg an eisen Ae kee kloer Konzept. Eise Gesondheitssystem ass e weineg schizophrene – wann ech esou soen däerf. En ass ewier 100%eg effentlech nach 100%eg liberaliséiert. D'Gesondheitspolitik zeechent sech aus duerch net ëmmer glécklech Kompromësser mat liberalen Dokteschvertriedungen an d'Gouvernance vun eise Spideeler ass e bësselchen en Duerjerneen aus effentlecher Medezinn an Neomanagement. Jidderee kritt e bëssen, mee keen ass wierklech zefridden. D'Salariatsdoktere sinn et net wierklech, d'liberal Dokteren net, d'Infirmieren an d'Aide-soignanten och net, d'Hiwannen och net an d'Patienten och net.

De Personalschlüssel awer vum Gesondheitspersonal entsprécht absolut net méi der Realitéit vum Ausmooss vun der Aarbecht an der Kadenz, déi hei muss assuréiert ginn, an do muss an eisen Ae wierklech nogebessert ginn.

(Brouhaha)

Här President, fir déi Lénk ass deen eenzegen ...

M. Fernand Etgen, Président | Hei, wannechgelift, et wier gutt, wann et e bësse méi roueg wier heibanen!

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Fir déi Lénk ass den eenzegen Auswee aus dësem Widdersproch, dass mer en 100%eg effentleche Gesondheitssystem an d'Ausweite vun der Salariatsmedezinn behalen an eeben och hunn. déi Lénk wëllen net riskéieren, dass mat dësem Gesetzesprojet, zesumme mat deem zu den Dokteschgesellschaften, deen ënnerwee ass, awer op eemol Profitt iwwert dem Liewen an der Gesondheet an dem Wuelbefanne vum Patient géif stoen. Dofir enthalte mir eis bei dësem Gesetz.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Piraten ass déi heite Gesetzespropos (veuillez lire: deen heite Gesetzesprojet) ganz kritesch ze gesinn – ganz zur Onzefriddenheet vun den Dokteren a wuel och vu ganz ville Patient/innen. D'Iddi, eng Rei Servicer ausserhalb vun engem Spidol unzibidden, dat ass jo eigentlech begrëssenswäert an dat hu mer och schonn heibanen e puermol diskutéiert – an net nëmme begrëssenswäert, souguer iwwerfäleg!

Am Moment gi vill Servicer just an de Spideeler ugebueden. Bei enger ganz héijer Demande, ze ville Patient/innen, déi op dës Servicer ugewise sinn, jo, da muss eppes geschéien. Ech géif soen, et muss souguer dréngend eppes geschéien, well mir kënne net weider dobäi nokucken, wéi d'Waardelëschte fir Rendez-vousen ëmmer nëmme méi laang ginn, mer keen nationalen Tracking vun deene Rendez-vousen hunn. A jiddereen heibanen kennt deen een oder anere Fall aus eegener Erfahrung, wou ganz laang op Rendez-vousen fir Diagnosticken huet misse gewaart ginn.

Also esou wäit, wann een den Exposé des motifs liest, si mer mam Constat averstanen. Sou wäit si mer och domat averstanen, dass ee misst an den Extrahospitalier goen. Mee da si mer awer och schonn um Enn mat deene Punkten, wou mer averstane sinn, well hei gëtt fir eis de falsche Wee ageschloen. Et gëtt eng falsch Politik weidergefouert. Eng Politik aus deene leschte Joerzénge gëtt net nëmme weidergefouert, se gëtt souguer fir d'Zukunft zementéiert, jo, et kéint ee bal soe promovéiert, an an där blanner Torschlusspanik gëtt hei e Projet elo duerchgebeetscht, dee fir déi nächst Joren déi Politik fest verankert an et de Successeurs nach méi schwéier mécht, eng nei, jo, eng besser Santéspolitik ze maachen – de Fall gesat, et kënnt zu engem Wiessel vun der Partei, déi de Santéminister stellt.

Fänke mer bei den Antennen an der Lëscht vun de Geräter un. D'Unzuel vun Antennen, déi pro Spidol méiglech sinn, gëtt an dësem Gesetz festgeluecht, genau wéi d'Unzuel u spezifische Geräter. Dat ass fir eis Piraten aus enger ganzer Rëtsch Grënn falsch.

Mat der Unzuel un Antenne pro Spidol oder de Geräter pro Antenn wäerten dës éischten net magescherweis wéi Champignonen aus dem Buedem wuessen, och dann net, wann de Staat se mat 80 % vun de Käschten iwwerhëlt. A mir setzen natierlech och fest Zuelen elo an e Gesetz a soen domadder explizitt: „Mir plange virus.“ A virdrun ass allkéiers, wann hei ee vu menge Virriedner „Plangwirtschaft“ gesot huet, eng gewëssen Energie op der Säit vun der LSAP hei opkomm. Mee mir plangen heimadder, wéi vill Antennen e Spidol däerf hunn, wéi vill Geräter däerfen zu Lëtzebuerg exercéiert sinn (veuillez lire: exploitéiert ginn). Wann dat net d'Definitioun vu Plangwirtschaft ass, léif Kolleeginnen a Kolleegen, da weess ech net méi, wat méi plange soll sinn. Ben, mir kéinten nach soen, wou genau se müssen hikommen

a wien herno nach déi genau Autorisatioun kritt. Ech mengen, da wäre mer net emol méi an der Plangwirtschaft, da wäre mer an eppes nach méi Radikalem.

E Punkt, op deen ech dann awer och nach wëll agoen, dat ass deen, dass am Text dovunner geschwat gëtt, dass d'Spideeler d'Land scho relativ gutt ofdecke géifen an dass een dat duerch d'Antenne verbessere géif.

Bon, ech mengen, wann ech do awer da mat de Leit aus dem Norden an aus dem Oste schwätzen, kritt een awer en anert Gefill. Déi soen: „Mir fillen eis elo net esou super ofgedeckt hei an eiser Regioun.“ An do huet een natierlech Diskussiounen, déi am Oste waren elo bekannt, mee och am Norden, wann een iwwert d'Maternité schwätzt, wann een iwwert d'Kardiologie schwätzt. Do goufen natierlech zwëschenzäitlech zum Deel Léisunge fonnt, mee ze behaupten am Gesetz, se wäre scho gutt ofgedeckt an et wär just nach ze verbesseren, dat, mengen ech, deelen d'Leit an deene Regiounen net. An dorunner dierften dann och d'Antennen, falls se da sollte kommen, sécher net vill änneren, well och do mussen d'Spideeler gezwongenermoossen no hire Moyene kucken an net als Éischt nom Interêt vun de Regiounen, mee se mussen kucken: Wou fannen ech iwwerhaupt e Gebai? Wou kann ech dat opbauen? Wéi kann ech dat mat Leit och besetzen?

A vu dass dat heite jo an engem Gesetz geplangt ass, huele mer eis domadder d'Méiglechkeet, adequat a séier op de Wuesstum vun der Bevëlkerung ze reagieren, well allkéiers, wa mer an Zukunft eppes heidru wëllen änneren, mussen mer e Gesetz maachen, mat alle Prozeduren, déi dat mat sech bréngt. Och dat hätt een an eisen Ae kënne anescht maachen, ...

(Interruption)

... well wann een haut dann déi Plangwirtschaft, déi mer elo zementéieren, hëlt, ma dann huet déi an deene leschte Joren awer derzou gefouert, dass d'Kapazitéiten net mat der Populatioun gewuess sinn, d'Offer op de Servicen net mat der Populatioun gewuess ass a generell de Bevëlkerungswuesstum méi séier war wéi d'Croissance an eise Santésweisen. Hei hätt et also sécher gehollef, wa mer vill méi fréi schonn op den Extrahospitalier hätte kënne setzen. Da wäre méi Servicer disponibel – a vläicht souguer wa mer dat ausserhalb vun de Spideeler gemaach hätten an net nëmmen an Antenne vu Spideeler.

Datt d'Motivatioun do ass vun Dokteren, sech do aktiv a konstruktiv anzubréngen, dat gesi mer jo. Dat hu mer am Dossier IRM gesinn, wou direkt zwou Praxisse wollten aktiv ginn. Dat gesi mer awer och an enger ganzer Rëtsch aneren Dossieren, wou d'AMMD jo och an hirem Avis kloer eppes dozou seet.

Dann ass fir eis Piraten d'Lëscht – also d'Lëscht, wat fir eng Geräter dem Spidolssektor virbehalte sinn – net kohärent. Hei gëtt eis einfach eng Lëscht u Geräter presentéiert, bei deenen et sech entweder ëm schwéier Geräter oder awer och zum Beispill ëm Geräter mat enger spezieller Ausbildung handelt (veuillez lire: Geräter, fir déi eng speziell Ausbildung néideg ass). Firwat de Fakt vun der Ausbildung hei als Argument zougeloo ass, ass fir eis nach ëmmer net ganz schlëssig. Wëll een domadder ënnerstellen, dass et gutt ausgebildete Personal just am Spidol gëtt, een Dokter, dee säin eegene Cabinet huet, also manner gutt ausgebildete wär? Ënnerstelle mer domadder der liberaler Berufsgrupp vun den Dokteren, dass se sech net géifen adequat forméieren, fir déi Geräter ze bedriewen, wa se dann d'Recht dofir hätten? Ech mengen net, dass dat d'Intentioun vun den Auteurs war. Ech mengen, dass hei d'Intentioun war, kloer an d'Gesetz ze schreiwen: „Déi dote Geräter sinn de

Spideeler virbehalten“, an do gouf eng Excuse gesicht. Mir kënnen net novollzéien, wéi déi Ausbildungs-krittären do anescht ze erkläre wäeren.

Oft gëtt dann an dësem Kontext och domadder argumentéiert, datt ee wëll verhënneren, datt privat Investisseuren a Cabineten investéieren an domat Profit maachen. Ben, ech kann Iech versécheren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt och mir Piraten géint privat Investisseuren, déi dat reng aus Profitgrënn maachen, a Cabinet sinn, well am Ausland gesäit ee jo, wat da geschitt an zu wat fir enge Problemer an Abusen dat féiere kann.

Plusieurs voix | A!

M. Sven Clement (Piraten) | Interessant fanne mir Piraten awer dann d'Äntwert vun der Santé-ministesch op eng Question parlementaire zu de Röntgegeräter bei den Zänn dokteren. Doran äntwert se ënner anerem dëst, an ech zitieren: „Laut geltendem Recht ass et och deene Persounen, déi eng Autorisation d'exercer op Basis vum precitéierte Gesetz hunn, virbehal, e Cabinet médical ze exploitéieren. D'Gesetz verbitt awer net, fir Infrastrukturen an Ekipementer zur Verfügung ze stellen.“ Zitat Enn. A weider: „Déi juristesche Form vum Etablissement, dat d'Demande stellt, ass net definéiert am Stralenschutzgesetz. Am Fall vun den Zänn dokter-cabinete muss de Chef vum Etablissement deemno net selwer Zänn dokter sinn.“ Zitat Enn.

Fir eis gëtt hei also mat zweeërlee Mooss geschafft: Op där enger Säit dierf beim Zänn dokter iergendeng kommerziell Entitéit e Röntgegerät zur Verfügung stellen, dat natierlech dem Zänn dokter ofrechnen. Just deen, deen den Akt prestéiert, muss dann Zänn dokter sinn. Wéi vill deen da vu sengem Akt awer muss un e privaten Investisseur ofginn, dat ass dann dem Privatmarché iwwerlooss. Op där anerer Säit gëtt awer en enke rechtliche Kader gesat, fir dat dann am Spidolswiesen oder bei anere Geräter ze maachen.

(Interruption)

Dat ass konfus! Well et geet an allen zwee Fäll ëm d'Gesondheet vun der Populatioun. Wann Der elo gesot hätt: „Mir maache bei den Zänn dokteren dat nämmlecht wéi bei de Röntgegeräter“, ma da géif ech Iech derbäi ënnerstëtzen, wann Der géift soen: „Et muss een eng Autorisation d'exercer hunn, fir kënnen esou e Gerät ze bedriewen.“ Mee da sot awer net: „Et muss een zu engem Spidol gehéieren, fir et dierfen ze bedriewen.“ Da sot: „Esou Geräter dierfe bedriewen gi vu Leit, déi eng Autorisation d'exercer hunn, an net vu kommerziellen Entitéiten.“ An dat mécht dann d'Argumentatioun, firwat een e liberale Beruff muss aschränken, och net méi glafwierdeg. Well op där enger Säit schränke mer se an, op där anerer Säit maache mer genau de Contraire.

Dat ass awer net dat eenzeg Argument, dat géint dës Aschränkung schwätzt, an dat féiert mech dann och zu mengem nächsten Argument, well d'Avise vum Conseil d'État soe ganz kloer, datt dëst Gesetz juristesche d'Strooss net hält. De Conseil d'État warnt, datt d'Gesetz wäert viru Gericht contestéiert ginn a liwwert dem Affekt, deen dat mécht, quasi schonn eng Marschroute vir, wéi een dat ka maachen. E kann et quasi mat Copy-Paste a säi Plädoyer schreiwen.

(Interruption)

E brauch sech emol net méi unzestengen. Trotzdem hält d'Regierung um Gesetz fest.

Den zweeten Avis liest sech dann och éischter esou wéi wann de Conseil d'État seng Opposition formelle just fale gelooss hätt, fir de Wee zu méi IRMen an anere Geräter fräi ze maachen. Datt e Gesetz ëmmer

ka juristesche gekippt ginn, ass fir eis dann och keen Argument, fir einfach riicht weiderzufueren. Am Géigendeel: Hei misst am Interessi vun de Biergerinnen a Bierger gehandelt ginn, de Wee geännert ginn, Steiergelder gespuert ginn, och andeems een e Gerichtsprozess vu virera probéiert ze verhënneren. Ech ka mer virstellen, datt et schonn deen een oder aneren Affekt wäert ginn, deen hei an de Startlächer steet.

Ech kéint hei nach ganz laang esou weiderfueren an opzielen, firwat mer dëse Projet de loi fir e grouse Feeler halen. Ech mengen, ech hunn dat déi lescht zéng Minutte gemaach. An domadder ass kloer, datt et fir eis Piraten op kee Fall zu engem Accord fir dëse Projet ka kommen. An deementspreechend soen ech Iech awer Merci fir d'Nolauschteren.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. An de Startlächer als nächste Riedner steet den honorabelen Här Roy Reding.

M. Roy Reding (Liberté Chérie) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleegen, ech probéieren, wäit ënnert mengen zéng Minutten ze bleiwen, et gëtt e laangen Dag haut. A mengen Aen an an den Ae vu menger Beweegung ass an enger fräier sozialer Maartwirtschaft ...

(Interruption)

... absolutt keng Plaz fir Planwirtschaft. A wéi de Verrieder vun der Vereenegung vun den Dokteren an Zänn dokteren et ganz richtig gesot huet op RTL: „Planwirtschaft féiert necessairement ëmmer zu Mangelwirtschaft.“ Dat ass esou.

De Kolleeg Hansen vun deene Gréngen huet gesot, den IRM wär komm op Drock aus dem Privatsektor. Nee, deen ass komm op Drock vu Patienten. Wann eng Demandé do ass vun engem Konsument – an och e Patient ass e Konsument, schlussendlech –, da reagiert an enger fräier Maartwirtschaft deen, deen déi Demandé ka satisfaiséieren, an da kënn et zur Offer. An dat ass gutt esou. Dat funktionéiert esou.

Ech hu mer eng eenzeg Fro gestallt, ech wëll wierklech elo net poleemesch ginn.

(Interruption)

Ech hu mer haut de Moien eng eenzeg wierklech grouss Fro gestallt: Firwat hale mer un engem System fest, vun deem mer gesinn, datt en net gutt funktionéiert? Ech hätt och kënnen soen, „dee gescheitert ass“, mee ech soen, „deem net gutt funktionéiert“.

Et schéngt jo wierklech esou ze sinn, datt ausser de Kolleeg vun déi Lénk, déi gréng an der LSAP all déi aner heibannen en anere Modell besser géife fannen. Dat ass jo awer nun emol eng large Majoritéit an da sollt een déi och entspreechend benotzen.

D'Madamm Hartmann huet eng exzellent Ried gehalten. Si huet just ee Feelschloss gemaach. Si sot: „Hei ass den éischte Schrëtt aus deem ale System. Hei ass deen éischte Schrëtt an déi richteg Richtung.“ An et deet mer leed: Neen, et ass alt nees eng Kéier e weidere Schrëtt an déi falsch Richtung, déi domadder zementéiert gëtt!

Den Här Kersch huet gemengt, mir hätten eng performant Medezinn. Nee, hu mer net! Wann d'Leit musse méintelaang waarden op e Rendez-vous an engem IRM, dee liewenswichtig ka sinn – kommt, mir soen dat och emol eng Kéier ganz klipp a kloer: liewenswichtig! –, oder op eng Mammografie, wa Leit, an dat lese mer jo awer alleguerten a Lieserbréiwer an op de soziale Medien, stonnelaang an Urgencé musse sëtzen, wa Leit musse Kilometeren a

Kilometere fueren, Dosende vu Kilometere fueren, fir medezinnesch Soinen ze kréien, dann ass dat net eng gutt an net „eng performant Medezinn“, et deet mer leed!

M. Dan Kersch (LSAP) | A kengem Land muss een esou weineg fuere wéi zu Lëtzebuerg! A kengem Land!

M. Roy Reding (Liberté Chérie) | Den Här Wiseler huet eppes gesot, wat ganz richtig war, an aner sinn och an déi Richtung gaangen, och den Här Clement huet dat elo grad nach gesot: Deen Text hei ass anticonstitutionell – an eleng duerfir muss een hei am Haus dergéint stëmmen, well mir hunn en Eed geleescht op déi Verfassung! An dat seet net nëmmen de Staatsrot eigentlech explizitt, mee dat seet och d'Autorité de la concurrence. A grad d'LSAP hält jo an de leschten Deeg esou grouss Stécker op dat, wat d'Autorité de concurrence seet. Si soen: C'est une „restriction à l'exercice de la profession libérale [...] contraire au principe de la liberté de commerce et de l'industrie.“ Wuertwiertlech!

(Interruptions)

„L'autorité considère [...] que ces structures pourraient être gérées directement par un ou plusieurs médecins [...] sans [...] 'mise sous tutelle' des hôpitaux“.

Da soe se mat Recht – an och dat ass scho gesot ginn –: Wou ass de Problem fir d'Keess, wa jo déi Dokteren déi Uschafung selwer bezuelen a just hiren Akt normal bezuelt kréien? Dann ass dat dach eng Entlaaschtung vun der Krankekeess – entschëllegt: vun der kranker Gesondheetskeess. Fréier hate mer eng gesond Krankekeess.

An da seet d'Autoritéit och nach klipp a kloer: Et ass géint de Prinzipp vun der Proportionalitéit! „En effet, si l'on part du principe que l'achat du matériel d'imagerie médicale se fera exclusivement à la charge du médecin-radiologue, un tel investissement, bien que coûteux, ne pèsera nullement sur le budget de l'État.“ An eleng weinst deem Argument hu mer also hei eng net constitutionell Situatioun.

Bref, mir musse keen Affekt biedelen, fir hei e Recours ze maachen. Dee Recours kënn esou sécher wéi den Amen nom Gebiet, an dat ass gutt esou. An dat Gesetz hei wäert anticonstitutionell erkläert ginn, an dat ass gutt esou. An ech stëmme selbstverständlech dergéint.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Reding. An dann ass nach den Här Mars Di Bartolomeo ageschriwwen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Merci, Här President. Ben, mer hu jo elo an deene leschten zwou Stonnen en Echange erlieft, wou mir mengen, dass mer dat Richteg maachen, an anerer mengen, mir géifen hei Grujlegkeete maachen. Abee, ech weess net, wie vun Iech bis elo nogefrot huet, wéi deen Zentrum funktionéiert, deen als Prefiguratioun dängt vun deem, wat mer hei an eise Gesetz festhalen. Ech mengen den Zentrum vum Potaschbiere. Ech weess net, ob een am CHL nogefrot huet, wéi gutt déi Zesummenaarbecht ass, an ech weess net, ob een um Potaschbiere nogefrot huet, wéi gutt déi Zesummenaarbecht ass.

Abee, ech hunn et gemaach! Ech hunn et gemaach an ech krut gemellt vum CHL: „Déi Zesummenaarbecht ass gutt!“ An ech hunn um Potaschbiere nogefrot, bei dem Responsable fir de Potaschbiere, a rot emol, wat e mer gesot huet: „Déi Zesummenaarbecht ass gutt!“ Vun Tutellegespiere hunn ech an där doter Stellung nääsch gespuert!

Also, Kolleginnen a Kollege, mir betrieden hei Neiland. Mir maachen hei eppes Positives, a kommt, mer ginn deem Positiven eng Chance ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | ... a mer loossen den Extrahospitalier esou gutt wéi méiglech mam Hospitalier zesummeschaffen!

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Mir sinn e klengt Land a mer hunn net all Méiglechkeeten, also solle mer déi Méiglechkeeten esou gutt wéi méiglech gebrauchen – an net géinteneen!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | A mer sollen dat unerkennen, wat de Gesondheetssystem, de Gesondheetsssektor, ass: Dat ass net e Commerce, dat ass net eng Industrie. Also kommt, mir schwätzen net vu „liberté de faire le commerce et liberté de faire l'industrie"! Et ass weeder e Commerce, nach ass et eng Industrie. Et ass eppes ganz Spezielles, et ass eppes ganz Wäertvolles, an dat solle mer unerkennen!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Ee Wuert just iwwert déi Behauptungen, déi aus dem Sektore kommen, vun der offizieller Gewerkschaft vun den Dokteren. Do gëtt ëmmer behaupt, d'Leit géifen en masse iwwert d'Grenz lafen, well déi Servicer hei géifen ze wënschen iwwergelassen.

Une voix | De Contraire!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | An dat selwecht gëtt behaupt vum offizielle Riedner vun der CSV. Dat ass Quatsch! D'Leit lafen net en masse iwwert d'Grenz! Jo, et sinn der e puer, déi dat maachen – a gleeft mer: Och déi, déi dat maachen, froen deen Tariff erëm, dee se kënne vun der Gesondheetsskeess kréien! –, et sinn der vill, déi iwwerwise ginn an d'Ausland, fir Servicer ze kréien, déi mir net hunn oder nach net esou hunn an, well mer esou kleng sinn, net kënne hunn. An dat ass eng gutt Saach, wann ee fir Saachen, déi ee selwer an deem Mooss, well ee kleng ass, net kann hunn, spezialiséiert, toppspezialiséiert ..., wann een d'Chance huet, wéi hei zu Lëtzebuerg, dass een dann an d'Ausland iwwerwise gëtt! Ech fannen, dat ass eng enorm Chance! Déi gëtt et zum Beispill op anere Plazen net.

Dann – an ech si frou, datt de Marc Hansen dorop higewisen huet –, et ass en Element, dat kaum hei zur Sprooch komm ass: Beim Extrahospitalier a beim Hospitalier wëlle mir, fuerdere mir, sti mir derfir – a mer wäerten och näischt anerers akzeptéieren! –, dass fir d'Personal – vum Personal ass ganz weineg geschwat ginn – déi selwecht Konditione op deenen zwou Säite gëllen! An dass dat guer net esou normal ass, dofir brauche mer just iwwert d'Grenz an Däitschland kucken ze goen, wou am Moment d'Doktere souguer dergéint Stuerme lafen, dass Investisseuren en masse Dokteschpraxissen opkafen an dann och den Doktere soen, wat se ze maachen hunn, fir dass de Rendement, ...

(Interruption)

... esou grouss wéi nëmme méiglech ass!

Dofir, Kolleginnen a Kollege, ech mengen, dass mer hei um richtege Wee sinn an dass dee Käil, deen zwëschent d'Koalitionsparteien hei geschloe soll ginn, dass dat e Versuch um falschen Objet ass. Mir hunn zesummen déi Motioun hei ausgeschafft, an an där Motioun erkenne sech déi dräi Koalitionsparteien erëm!

Une voix | Genau!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | An d'Madamm Hartmann huet am Ufank esou gemaach, wéi wann et hir Motioun wär. Et ass eng gemeinsam ...,

(Brouhaha et exclamations)

... et ass eng gemeinsam Motioun, ...

Une voix | Et ass méi staark wéi hien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | ... déi mer gemeinsam geschriwwen hunn an zu där mer alleguer ...,

M. Sven Clement (Piraten) | Dir sidd nach ëmmer Minister!

Une voix | Jo, jo.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | ... alleguer stinn an dat wäert Der ..., ech wette mat Iech fir e Piano, dass mer dat och wäerten herno bei der Ofstëmmung gesinn!

D'Konklusioun: Amplaz eppes schlechtzemaachen, wat am Moment amgaang ass ze Entstoen, maacht Iech d'Méi, nozefroen, wéi deen éischten Zentrum, deen um Terrain fonctiounéiert, wéi dee fonctiounéiert, wéi gutt e fonctiounéiert a wéi zefriden d'Leit sinn!

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Di Bartolomeo.

An elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Gesondheetssministesch Paulette Lenert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Merci, Här President. Ech si frou, an dëser leschter Chamberwoch vun dëser Legislatur kënne dës Projete op en Enn ze bréngen, hoffentlech. Et ass e Projet, deen am Mount Mee 2022 deposéiert ginn ass, dat heescht, virun engem gudde Joer. An ech géif virop gäre jiddwerengem e grouse Merci ausschwätzen, dee matgeschafft huet, och dem Staatsrot. Mir wëssen, wéi vill Aarbecht do um Leescht ass an dat war fir mech net evident, dass dat heite kéint esou schnell goen, mat Opposition-formellen, déi dach formuléiert gi sinn, déi alleguerte konnten opgehuewe ginn, soudass de Projet ka gestëmmt ginn.

De Projet ass 2022 zum Schluss vun der Pandemie deposéiert ginn, ass natierlech währenddem ausgeschafft ginn, an ech géif gären drun erënneren – et ass mer e bëssen ze kuerz komm an deene Rieden hei, et ass wuel opgezielt ginn –, wat mer alles elo nach gemaach hunn am leschte Joer. Jo, dat stëmmt, et ass viles gemaach ginn. Mee et gëtt ëmmer erëm vergiess, dass mer ënnerbrach waren an eiser Aarbecht, an dat net just e puer Méint, mee iwwer Jore duerch eng Pandemie.

(Interruption)

De Steen hei ass an d'Rulle komm – op alle Fall zu menger Amtszäit am Februar, wéi ech ugefaangen hunn – am am Februar 2018 (veuillez lire: am Februar 2020). Déi éischt Woch war en éischte Prozess, dee gefouert ginn ass, unhängeg. An ech hu mech mat deene Concernéierten zesummesat an ech hu gesot: „Mir wäerte keen Appell dergéint maachen.“ Dat hätt ech kënne maachen, einfach op Zäit spillen. Ech hu geduecht: Ech gesinn de Besoin, et ass Handlungsbedarf a mir wäerte legiferéieren. Dat war Woch 1 vu menger Amtszäit.

Woch 2, do brauch ech keen drun ze erënneren, wat du vun Nouvelle op eist Land erakomm ass: Do ass d'Pandemie lassgaangen. Mir hunn trotzdem all fräie Moment gekuckt ze schaffen, dat Ganzt am Dialog mat ville Partneren.

Et ginn ëmmer nëmme déi zitéiert, déi net zefridde si mam Outcome. Vill Leit, déi um Gesondheetssdësch waren, begrëssen d'Aarbechten, déi komm sinn. Et kann een natierlech bei verschiddene Sujete gedeelter Meinung sinn, mee jiddefalls kann ech net am Raum stoe loossen, dass getrëntelt ginn ass, dass d'Saachen elo iwwert de Knéi gebrach ginn. Mir hunn en extreemen, en exzeptionelle Retard kritt, deen nach keng Regierung ze stäipen hat bis elo, vun iwwer zwee Joer Pandemie, wou jiddweree mobiliséiert war. An ech kann nëmme e grouse Merci un all meng Leit soen. An ech profitéieren – et ass vläicht déi leschte Kéier, wou ech d'Geleeënheet hei hunn ze schwätzen –, fir hinnen allegueren e Merci ze soe fir déi Efforten, déi grad am leschte Joer gemaach gi si fir vill Projete-de-loien. Dat hei ass een dovun. Den 8013 ass deen aneren, fir d'Gesellschaftsformen, en ass zum selwechten Zäitpunkt deposéiert ginn.

An et ass net richtig ze soen, dass deen ausgebremst ginn ass, wéi den Här Wiseler et hei duerstellt. Deen zweete Projet de loi, vun deem Dir hei behaupt, e wär ausgebremst ginn, ass genausou mat der Urgence ugefrot gi wéi dësen. An Dir wësst genausou gutt wéi jiddwereen heibannen, dass mer net méi Mainmise hunn iwwert de Staatsrot. Déi Urgence ass vu menge Leit ugefrot ginn, fir deen ee Projet esou gutt wéi fir deen aneren. An ech hu keng Maîtrise dodriwwer, wéini dass de Staatsrot mat sengen Aweise kënnt. Hei ass et opgaangen, bei deem anere Projet hu mer den Avis net.

Mee et ass falsch ze behaupten, dass deen net weidergedréckt gi wär. Ganz genee de Géigendeel ass de Fall. Et ass e Projet, dee mir perséinlech vill um Härz louch. En ass ausgeschafft ginn. E war och ganz kontrovers ënnerwee, mee en ass net ausgebremst ginn, wéi dat hei duergestallt gëtt. Et ass ganz genau de Géigendeel, Här Wiseler!

Da géif ech gären op d'Ambitioun vun dësem Projet agoen. Jo, et si Problemer. Dat Land hei huet sech eng grouss Ambitioun gi virun net allze laanger Zäit, vill ze wuessen, op 700.000 Awunner. Dat war d'Visioun, déi am Raum stoung. Déi ass vill méi schnell agestratt wéi geplangt, bal duebel esou séier wéi geplangt. An et ass richtig, dass eis Servicer mat Momenter net méi nokomm sinn. An dofir ass gehandelt ginn an et ass net gewaart ginn op eng Pandemie! Et si Suen an de Grapp beholl ginn an et ass investéiert ginn.

Sou ass 2018 decidéiert ginn, eis IRM-Geräter beispillsweis, wou effektiv laang Retarde waren, ze verstärken. Do si mer eropgaange vun aacht IRMen, wou mer 2018 waren, op e Plus vu véier, déi ugeschafft gi sinn. Op Enn dësers Joers 2023 wäerte mer nach eng Kéier – am besteeënde Cadre légal, do brauche mer deen heiten emol guer net – Zouszapparaten derbäi hunn. Dat ass dee vum Potaschbiere, deen iwwert de CHL leeft, dat ass nach een derbäi. Dann ass een zweeten, wou ech ganz frou sinn ze héieren, dass de CHL wäert interesséiert sinn, een zweeten zu Eech op sengem Site opzeriichten. Dee brauch net dës Projete ofzewarten. Dann ass nach een zu Wolz virgesi fir Enn des Joers an et ass och nach en zousätzlechen neie Mammograf, dee wäert an d'Rulle kommen.

Une voix | Très bien!

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Dir hutt also bannent där Zäit 2018 bis elo, wou, ech géif et nach eng Kéier rappeléieren, eng Pandemie dertëscht war, déi fir zousätzleche Réckstau gesuergt huet, well d'Aktivitéiten alleguerte gestoppt gi sinn an nëmme dat Néidegst gemaach ginn ass, eng quasi Verdueblung elo scho vun deem, wat mer ugebueden hunn.

Une voix | Très bien!

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Dat bedeit, wa mer dat héichrechnen, e Plus vu 75 % un Aktivitéit, déi méiglech ass. Dann hu mer decidéiert – an dat kënn net eréischt, mee dat ass decidéiert, dofir hu mer eis agesat an zesumme mam Claude Haagen e Plädoyer gemaach bei der Gesondheetskeess –, fir och samschdes a sonndes kënnen Plagen opzemaachen, fir Rendez-vousen ze ginn. Dat alles, fir deem Backlog, dee mer hunn, deem Retard, dee sech accumuliert huet, deen accumuliert war virun 2018 an natierlech verstärkt ginn ass duerch d’Pandemie, aus ganz verständleche Grënn, fir deem entgéintziewirken. Dat wäert nach eng Kéier e Plus vun 10 % un Aktivitéit bréngen.

Une voix | Très bien!

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Da muss ech awer och e Wuert dozou soen, et gëtt ëmmer erëm an de Raum gestallt: déi Zwouklassemdezinn. Jo, et gi Lëtzebuerger an d’Ausland. Awer net als Keessepatient! D’Keessepatienten am Ausland, an zwar an deenen dräi Länner, déi ronderëm eis sinn, komme verstärkt op Lëtzebuerg. An ech géif gärden déi Zuelen an de Raum ginn: Déi Leit, déi eriwuer gi fir IRMen, wa mer dobäi bleiwen, do leie mer tëschent 0,3 % an 0,9 %, wa mer déi lescht Jore kucken. Am Géigenzoch, wa mer d’Zuele kucken, wéi vill Leit fir hir IRMen heihinner kommen, wéi vill Leit bei eis kommen aus dem Grenzgebitt, aus deene Systemer, déi dann esou sinn, wéi d’Liberté Chérie sech et undenkt, wou mer eng Zwouklassemdezinn hunn – soll ech Iech déi Zuelen och ginn ...?

M. Roy Reding (Liberté Chérie) | Mee wou kommt Der un déi Zuelen? All déi Leit, déi net den IRM rembourséiert froen ...

(Interruptions diverses et brouhaha)

Dir hutt déi Zuele jo guer net!

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Ech schwätzen hei zum Verglach, dee gemaach gëtt an engem Lëtzebuerger solidaresche System, wou jiddwereen dee selwechten Accès huet zur Medezinn. Dat vergläicht Dir mat engem Land, wou et eng Zwouklassemdezinn gëtt. Genau déi Zwouklassemdezinn wëlle mir hei an eisem Land net! Dofir wäerte mer déi Offer upassen. Dat ass Sënn an Zweck vun dësem Projet.

Mee trotzdeem ass et interessant, déi Zuelen awer mat deem ze vergläichen, wat an eist Land kënn, well déi Zuele ginn och konstant erop. Mir hunn eise Wuesstum intern. Mir hu vill, vill méi Awunner, wéi dat nach virun 10, 15 Joer de Fall war, en extreeme Wuesstum, en acceleréierte Wuesstum. A mir hunn op där Säit doniewent Länner, wou d’Gesondheets-systemer eebe justement net esou performant sinn! An ech kann Iech déi Zuele ganz gäre ginn:

Mir hunn aus der Géigend Arel 19 % vun de Services hospitaliers ambulatoires, déi vun Assuréeen aus der Belsch hei genotzt ginn. Mir hunn am Extrahospitalier 49 % vun deene Leit, déi hei d’Déngschtleschtungen an Usproch huelen. Wa mer Lonkech huelen, leie mer bei 23 % an 43 % – loosst Iech mol eng Kéier déi Chifferen op der Zong zergoen! Dann hu mer insgesamt, wa mer d’IRMen huelen – déi interesséiere jo besonnesch –, 9 % aus dem Ausland. 9 % vun deem, wat hei geleescht gëtt, si Leit, déi ronderëm d’Grenz wunnen an déi heihinner kommen. A fir wat mengt Der, komme se eriwuer? Net, well et hei esou schéin ass! Si kommen hei eriwuer, well se besser bäi komme wéi do, wou si sinn.

(Interruptions)

Une voix | Déi schaffen hei!

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Nee, net well se hei schaffen, soss wär dat net drastesch eropgaangen.

(Coups de cloche de la présidence)

Et läit a kenger Proportion mat der Unzuel un Aarbechtsplazen, déi mer hunn. D’Leit kommen heihinner, an dat ass dat, wat den Terrain eis seet, well eeben d’Déngschtleschtunge ronderëm net méi déi sinn, déi se waren. Dat ass ganz ausgeprägt am Süden: Am CHEM hu mer Zuelen, déi vill méi héich nach leien, wou effektiv an der Géigend Thionville d’Versuergung net méi déi selwecht ass.

D’Gebuerde brauche mer just eng Kéier ze kucken – ech hat Iech déi schonn eng Kéier ginn –, déi ginn extreem erof (veuillez lire: erop), de Prozentsaz u Leit, déi hei hir Gebuert maache kommen. An dat ass net, well se hei schaffen! Et kënn een net säi Kand op d’Welt setzen, well ee grad hei geschafft huet. Do ass ee schonn am Congé an dat mécht een normalerweis bei sech, wou ee sech wuel spiert, wou een doheem ass. Do kënn een iwwert d’Grenz, wann een déi Versuergung net méi virfënnt!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | An ech kann net akzeptéieren, dass Der déi Chifferen ëmmer verfälscht an esou tendenziéis duerstellt.

Ech maache mäi Plädoyer jiddefalls fir e Gesondheetssystem, deen net dem Commerce gläichgestallt ass. Gesondheet ass dat Wichtigst, wat mer hunn. A wa mer wëllen, dass jiddwereen e gudden Zougang zu der Gesondheet huet, da kann een dat net aleng dem Maart iwwerloossen, soss komme mer a Systemer, wou déi eng an exzellenten hunn an déi aner ausgespaart sinn.

D’Ambitioun zu Lëtzebuerg war et nach ëmmer, Suen an de Grapp ze huelen an derfir ze suergen, dass jiddwereen deen Zougang huet, deen em zoukënn, an dass mer dat ausbauen. A wann dat net duergëet, duerch Wuesstum oder duerch Berechnungen, déi vläicht net esou performant waren, ma da muss een norüsten!

An ech géif gärden e Wuert zum Plangen och hei verléieren. Mir hu mat der Loi hospitalière eis de Moyer ginn iwwert d’Documentation hospitalière, fir eebe justement vill méi prospektiv kënnen ze schaffen an Zukunft. Dat war net esou einfach an der Vergaangenheet, mee duerch déi Documentation hospitalière hu mer mëttlerweile säit e puer Joer ganz gutt Méiglechkeeten, fir genau ze verstoen, wat leeft. Dat kënnen mer analyséieren a mir kënnen anticipéieren. A wann ee mat effentleche Gelder ëmgeet, wann ee mat Gelder vun den Assuréeen ëmgeet, dann ass et dat Normalst vun der Welt, dass ee sech Gedanken mécht, dës Sue beschméiglech anzesetzen. Dat ass „wirtschaften“! An dat huet mat deem poleemesch besatene Wuert Planwirtschaft näischt ze dinn, wat Der alleguerde gäre gebraucht. Dat ass Politick, ech verstinn dat, mee et ass net dat selwecht.

Hei geet et drëm ze anticipéieren, ze kucken: Wéi vill Suen hu mer a wéi kënnen mer déi beschtméiglech asetzen, fir dass et eise Leit hei zu Lëtzebuerg gutt geet, an zwar jiddwerengem, deen hei wunnt, egal wéi säi Portomoni ass?

Ech géif elo gärden awer méi spezifesch op dese Projet ze schwätze kommen. Wourëms geet et? Eebe justement, um Constat – an deem läit eng ganz detailléiert Analys vun der IGSS zugrond – hu mer festgestallt, dass mer méi Offer wëllen hunn, och méi no beim

Patient wëllen déi Offer hunn an dass et am Sënn ass vum Patient, wa mer dee Lien mat eise Spideeler halen.

De Marc Hansen huet et ganz gutt illustréiert. Mir sinn e klenge Land, mir hunn, wéi mer alleguerde wëssen, genau wéi aner europäesch Länner ëmmer méi Méi, Leit ze fannen, grad an deem heite Beräich. Bei den ATMen (ndlr: assistant technique médical), déi, déi wierklech an der Radiologie sollen assistéieren, gi mer d’Leit bis hanner Nanzeg mëttlerweile scho sichen! Dat heescht, déi Ressourcë si begrenzt an dofir wëlle mer net risquéieren, eis Garden, eis Urgencen en péril ze setzen doduerjer, dass Leit ..., dass et Konkurrenz gëtt, wéi virdru gesot ginn ass, tëschent engem Hospitalier an engem Extrahospitalier.

Duerch de Lien, dee besteet ... An dat ass e Lien ganz beschränkt op de Platto. Dat ass och vum Marc Hansen ganz gutt gesot ginn, dat berouegt mech. Dann ass de Projet awer méi kloer, wéi en heiansdo duergestallt gëtt. Et ass net eng Tutelle, déi do iwwert d’Doktere géif gesat ginn. Et geet leedeglech drëm, deen Deel, de Plateau médical, ze reegelen iwwer eng Konventioun. Do soll gereegelt ginn, wéi d’Qualitéitskrittäre sinn, eent zu eent mam Hospitalier. Et soll de Financement gereegelt ginn, wann dat Privatinvestisseure waren. Wann d’Doktere selwer investéiert hunn, muss jo gereegelt ginn, wéi dat bezuelt gëtt, wann d’Partner zesummeschaffen. A virun allem – virun allem! – geet et drëm, d’Continuité des soins ze garantéieren a sécherstellen, dass déi Dokter, dass dat Personal, wat do schafft, och bereet ass a solidaresch ass a matmécht, wann et ëm d’Gardé geet an ëm d’Astreinté geet.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Dat ass deen eenzege But vun deem Projet hei: déi Bréck ze schafen! An dat ass an eisen Aen am Sënn vun eisem Land, am Sënn vum Patient an am Sënn vun der Qualität hei am Gesondheetssystem.

Et kënn awer doriwuer eraus derbäi, dass et och e finanziellen Aspekt ass. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer Suen an de Grapp geholl an an d’Spideeler, do wou deier Ekipementen sinn, investéiert. Domadder hält een den Drock ewech vum Dokter, deen, wann e muss selwer esou deier Investissementen maachen, natierlech e Rentabilitétsdrock huet. E muss jo iwwert d’Ronne kommen. A wann ech muss liewe vun deem, wat ech do investéieren, a wann dat bis an d’Millioune geet, wann ech elo nei Apparater beispillsweis kafen, ben, da muss ech rechnen. Da muss dat fonctionéieren. An dat gëtt en Drock!

A mir gesinn et als e „Luxus“ – wann ech esou ka soen – un, wann een deen Drock kann ewechhuele vun de Medezinner, dass se hir Medezinn kënnen maachen a sech net musse Gedanken maachen, ob hir Apparater a Milliounenhéicht rentabiliséiert kënnen ginn oder net. Dat ass heiderjer assuréiert, dass mer och en neie Finanzéierungsschlüssel huelen, deen et erlaabt, vill méi flexibel ze sinn. Mir hu bis elo am Hospitalier ëmmer nëmme gebaut. Mir wëssen, dass dat Baue laang brauch, dass mer vill Retard doduerjer kritt hunn. An dat hei wäert et méiglech maachen, och eebe Lokaltéiten ze lounen. Doduerjer kënnen mer vill méi schnell operationell ginn. Doduerjer kënnen och esou Antennen net eréischt Mokuchsda, mee gegebenefalls ganz schnell ze stoe kommen. A mir ginn och d’Méiglechkeet, iwwer Leasing ze fueren, wat esou net gaang ass, dat awer ëmmer mat engem generéieren, mat deem selwechte Finanzéierungsschlüssel vun den 80/20, wéi mer e kennen am Spidolswiesen, nach eng Kéier, an der fester Iwwerzeegung, dass dat e kommerziellen Drock eebe

justement aus dem System eraushält, dee mir als net gënschteg aschätzen.

Wa mer dee Projet hei huelen an de Staatsrot, nodeems e seng Opposition-formellen dann opgehuewen huet – ech hunn d'Gefill, zum Frust vu verschiddene Leit –, gëtt an de Raum gestallt ...

(Interruption)

Jo, selbstverständlech kann et do Prozesser ginn. Hei si Leit, déi warscheinlech spekuléiert hunn a Milliounen investéiert hunn. An dass déi esou en Text ufechten, mee dat ass dat Normalst vum der Welt an engem Rechtsstaat. Mee virzepräfen, orakelméisseg, dass déi Prozesser, déi da wäerte kommen, scho verluer wäerte sinn, ech fannen dat e staarkt Stéck. Loosst emol d'Leit gewäerden, vläicht gi se och eens mam System, wëll ech gären hei an de Raum setzen!

Dofir hunn ech iwwerhaupt kee Problem mat där Motioun, déi proposéiert ginn ass. Mir ënnerstëtzen natierlech d'Privatinitiativ. Genausou wéi mer als Santé Mëttelsmann gespilt hunn tëscht engem Potaschbiereg an dem CHL sinn ech am Moment och a Gespréicher mat aneren Dokterinnen aus der Belsch, fir se ze iwwerzeegen, eeben an deem heite System matzemaachen, eng Demande ze stellen. Déi Privatinitiativ hunn ech och nach rezent virun e puer Deeg ausdrécklech ënnerstëtzt an och eeben déi Dokterinnen, déi an der Belsch an enger Gesellschaft zesumme sinn, encouragéiert, sech un de CHEM ze adresséieren oder un en anert Spidol, fir eeben an deem heite System matzemaachen. An ech kann Iech soen, dass do e groussen Interessi ass. An ech kann Iech och soen, dass meng Vertrieeder am Verwaltungsrot dat wäerten ënnerstëtzen. Mir sinn absolut net géint déi Privatinitiativ, de Contraire ass de Fall! An ech hoffen, dass dat wäert kënne geschéien. Ech hunn déi selwecht Echoe wéi de Mars. Mir haten eis zwar net ofgeschwat, mee ech hu mer och soe gelooss, dass de Modell um Potaschbiereg zu der Zefriddenheet vun den Doktere funktionéiert.

Ech géif awer gären elo erëm eng Kéier op de konkrete Meerwäert vun dësem Projet fir d'Leit zréckkommen. Wat wäert e méiglech maachen? Ma niewent där Verdueblung, déi mer elo hu säit 2018 spezifesch u Radiologieinstrumenter, wäerten nach zousätzlech Zentere ganz kuerzfristeg kënnen opgoen. All déi Interessente si scho bei eis virstelt ginn. Ech schwätzen do vu Jonglënster, déi zesumme mat den HRS e Projet hunn an déi op deen heite Projet mat Schmäerze gewaart hunn. Dat heescht, déi wäerte frou sinn, dass mer schnell gemaach hunn. Dat frustréiert also net jiddwereen. An ech hu mer och soe gelooss, déi nei Gemeng steet absolut hannert deem Projet zu Jonglënster. Déi Leit waarden also just drop, dass dee Vott hei ka geschéien, fir do en zousätzlechen Zenter an Ugrëff ze huelen. D'selwecht vusäite vum CHEM, do si mer och laang schonn a Virgespréicher. Do si ganz konstruktiv Echängemam Domäne thermal zu Mondorf an och mat der Gemeng Mondorf, fir do esou en Zentrum kënne mat hiren Dokterinnen opzemaachen.

An ech géif gären ënnersträichen: Déi Dokterinnen, mat deenen do geschafft gëtt, dat sinn natierlech liberal schaffend Dokterinnen. D'Dokterinnen an deene meeschte Spideeler, dat si Gruppe vu fräischaffenden Dokterinnen, déi sech hei wäerte gutt kënnen erëmfannen an deem Projet.

Donieft sinn nach zwou aner Demanden unhängeg. Wéi gesot, d'Dokterinnen, déi zu Esch, wéi et ausgesäit, wäerten eng Demande maachen a Richtung vum CHEM fir eng Zesummenaarbecht. Et sinn och Dokterinnen, déi op der Cloche d'Or waren, déi bei eis waren, déi hire Projet presentéiert hunn an déi sech och ganz

zouverzichtlech ginn, dass se de Wee mat engem Spidol fannen, fir eppes Gemeinsames ze maachen. Do kann ech keng Detailer haut ginn.

Mee Dir gesitt, do ass eng grouss Attente vun alle Säiten. D'Leit si prett, si waarden heirobber. An ech si frou, dass mer de Projet konnten duerchréieren, soss wäere mer wierklech, vu datt mer hei net méi zesumme wäerte kommen an deenen nächste Méint, vill méi spéit drun. Ech fannen dat eng gutt Saach. Mir sinn eis dem Besoin absolutt bewosst a mir hu vusäite vun der Santé alles gemaach, fir an der Tëschenzäit déi Delaien erofzekeréieren iwwert déi Zousatzplagen samschdes a sonndes, wou op ass. A wann do kann zu Esch nach en zousätzleche Mammograf mat an d'Spill kommen iwwert deen heite Wee, ben, „on ne demande pas mieux“. Dat ass eng ganz gutt Saach. A wann dat sech afüügt an de Kader, dee mer hei geschafft hunn, denken ech, ass dat eng Win-win-Situatioun fir jiddwereen.

Une voix | Très bien!

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Fir de Rescht géif ech mer wënschen, dass een op dee sachlechen Niveau géif zréckkommen an der Gesondheetspolitik. Mir hunn e System, deen duerch eng ganz schwierig Zäit gaangen ass, ouni zesummenzubrechen. Wann Der iwwert d'Grenze kuckt an Iech objektiv domadder auseruesetzt, gesitt Der, dass dat nach laang net iwwerall de Fall ass. D'Gesondheetssystemer sinn extreem geschiedegt ginn duerch déi Pandemie. Et ass mentionéiert ginn, an Däitschland ass eng ganz Diskussioun, wou effektiv elo Privatinvestisseure systematesch kucken, Praxissen opzekafen. Ben, meng Hoffnung a meng Ambitioun ass et, dat ze empêchéiere bis zu deem leschten Dag, wou ech wäert an deem Amt sinn. Ech setze mech dofir an, an dat an engem gudden Zesummespill.

Mir kënnen eis et hei net leeschten, géinteneen ze schaffen. Mir sinn e klengt Land. D'Stärkt war nach ëmmer, zesummenzeschaffen, e Wee ze fannen. An esou soll dat a mengen Aen och an Zukunft sinn: eng konstruktiv Zesummenaarbecht tëscht dem Hospitalier an dem Extrahospitalier an net de Wee opmaachen, fir ee géint deen aneren an eng Konkurrenzsituatioun ze kommen, déi kengem wäert dëngen, a scho guer net eisem System!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Gesondheetministesch Paulette Lenert. Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Merci och der Madamm Ministesch fir nach eng Kéier déi Erklärungen. Ech mengen, et gëtt de politesche Volet, op deem ee sech net eens ka sinn, an da gëtt et awer dee vun den Zuelen. An d'Madamm Ministesch huet awer e puer Zuele genannt, déi mech interpelléiert hunn. Se huet gesot: „9 % vun den IRM-Consultatiounen hei zu Lëtzebuerg gi vu Residenten aus dem Ausland gemaach.“ Ech hu mer elo eng Kéier ganz séier d'Zuele vun eiser Sozialversécherung ugekuckt an do sinn, jee nodeem wéi eng Zuelen ee kuckt, zwëschen 25 an 30 % vun eisen Assurée Residenten am Ausland. Dat heescht, wann all Assuré, deen d'Recht hätt, zu Lëtzebuerg soignéiert ze ginn, well en hei zu Lëtzebuerg cotiséiert, géif zu Lëtzebuerg soignéiert ginn an an den IRM goen, ...

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Dann hu mer e grouss Problem, jo.

M. Sven Clement (Piraten) | ... da misste proportional u sech 30 % vun de Consultatiounen vu Leit aus

dem Ausland sinn. Dat heescht, ze soen, mir hätten en ëmgedréinten Zoch, datt Leit, déi am Ausland wunnen an déi näischt mat Lëtzebuerg ze dinn hätten, heihinner géife kommen, fir sech soignéieren ze loosseren, dat kann ech net stoe loosseren. Et si Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, déi hei zu Lëtzebuerg cotiséieren, déi also an eisem Solidarsystem dra sinn, déi sech dann och wëllen zu Lëtzebuerg soignéiere loosseren, an dat net an deem Taux, wéi se u sech d'Recht hätten. Dat weist fir mech, datt u sech eise System net funktionéiert, well en et net fäerdegbréngt, dee Besoin och ofzedecken.

(Interruption)

Well soss misste mer 30 % vun de Consultatiounen och vu Lëtzebuerger respektiv vu Residenten am Ausland hunn. An déi hu mer net. Dat heescht, iergendwou gëtt et e Bottleneck, well déi Leit losse sech .., also 20 % losse sech d'ailleurs och am Ausland soignéieren. Dat war just meng Interpretatioun vun deenen Zuelen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. Ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Ministesch.

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Jo, ganz gären. Ech stellen dat jo och guer net a Fro, dass dat deene Leit hiert Recht ass. Ech hu gesot, et ass eng rezent Tendenz, et ass eng rezent Tendenz iwwert déi lescht Joren. A si ass ganz kloer steigend. Ech hu just vun enger Courbe geschwat a vun enger Realitéit, déi haut eng aner ass wéi virun nach enger längerer Zäit.

Et muss een och soen, dass an de Berechnunge bis elo hei am Gesondheetssystem effektiv deenen Assurée, déi am Ausland wunnen, ni Rechnung gedroe ginn ass, well se an der Proximitéit hir Dëngschtleeschunge warscheinlech fonnt hunn. Dat ass e ganz rezent Phenomeen, dat doten. An dat ass dat Eenzege, wat ech hei an de Raum ginn. Dat ass eng nei Tendenz. A selbstverständlech kann dat engem Suerge maachen, well wann dat nach méi ëmschléit, wann déi Tendenz sech nach stärke wäert – an dat riskéiert, de Fall ze sinn, wann nach Kliniken zouginn am Grenzgebitt –, dann hu mer e Problem. An da musse mer nach méi schnell kënnen oprüsten. An ech denken, da musse mer dat och plangen. Well dat wäert sech natierlech net esou séier léisen, scho guer net um Niveau vun den Akutspideeler.

Une voix | Très bien!

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Gesondheetministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8009. Den Text steet am Document parlementaire 8009¹⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8009 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 31 Jo-Stëmmen géint 27 Neestëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, M. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

M. Roy Reding.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer nach zur Motioun, déi d'Madamm Hartmann deposéiert hat. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Hartmann.

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. Ech hunn u sech a menger Ried effektiv alles zu der Motioun gesot. Ech wollt just nach eng Kéier, well et an der Motioun och explizitt ëm d'Mammografie gaangen ass, an dësem Kader nach eng Kéier déi Fro opwerfen, well – an ech preziséieren et nach eng Kéier kuerz – souwuel an der Loi hospitalière wéi och an dem Règlement grand-ducal, dee fir verfassungswiddreg erkläert ginn ass, war d'Mammografie nach net ënnert dem schwéiere Material opgeworf. Do war just rieds vun de Biopsie-mammairen. An duerfir d'Fro, firwat d'Mammografie elo nei an déi Lëscht mat opgeholl ginn ass.

M. Fernand Etgen, Président | Ech géif d'Wuert dann direkt un d'Madamm Ministesch ginn.

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Merci. Ech hat dat effektiv vergiess. Et ass esou, dass an der Zäit déi Mammografen zweidimensional Biller gemaach hunn an doduerjer net ënnert d'Gesetzgebung vun der Radioprotektioun gefall sinn. Haut schafft ee mat dräidimensionalen Apparaten. Frot mech net den techneschen Detail, mee déi falen ënnert d'Radioprotektioun an deemno eeben ënnert déi Bestëmmungen. Dat ass déi Erklärung, déi ech elo kritt hunn.

Mee mir hunn – an ech géif dat och nach gären ënnersträichen – en Aarbechtsgrupp lafe precisement zu der Mammografie. Dofir begrëssen ech och déi Motioun. Mir sinn do amgaangen, am Detail ze kucken, wéi genau d'Delaie sinn, wéi mer dat kënnen optimiséieren.

D'selwecht hu mer deen Aarbechtsgrupp, fir generell d'Prise de rendez-vous ze vereinfachen a fir och eng harmoniséiert, standardiséiert Indication zu kréien, wat urgent ass, wat net urgent ass. Eng Routine-ënnersuchung kann ouni Problem all zwee Joer sinn, wéi et och am Programm de Fall ass. Mee d'Urgence ass eppes anescht. Do schaffe mer drop. An do wäerte mer och bis Enn des Joers Opschluss hunn. Do gëtt et effektiv eng technesch Erklärung zu der Mammografie, déi mat der Technologie ze dinn huet. Awer ganz gäre kann een dat analyséieren. Dat ass eppes, wou mir och als Haus guer net verschloss sinn, fir do en zousätzleche Schrëtt ze maachen, wann dat sech opereet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lenert. Da kritt d'Wuert den Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler (CSV) | Merci, Här President. Ech muss soen, dass mir den Effort vun der Madamm Hartmann hei begrëssen, fir déi Motioun eranzubringen, quitte dass se vun deenen anere Parteie mat ënnerschriften ass. Mee wann ech dat hei liesen, huet se awer éischter d'Handschrëft vun der Madamm Hartmann.

(Interruptions)

Dräi Saache sinn dozou ze soen. Ech soen dozou, ...

(Hilarité)

... ech soen dozou, dass mir éischters Problemer hunn, fir dat ze analyséieren „dans un délai de deux ans“, well mir mengen, dass deen Text, esou wéi en ass, eis a Schwierigkeete wäert féieren, notament wann en ugesicht gëtt, an dass déi zwee Joer, déi hei als Laps de temps dra stinn, aus juristesche Grënn eis kënnen a problematesch Situatiounen bréngen, mat de Konsequenzen, déi eng Afrostellung vum Tribunal vun dësem Text kéint hunn. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet: Ech gesinn net, firwat mer solle bei de Mammografien nach eng Étude approfondie maachen. Ech fannen, dass een dat direkt sollt an d'Realitéit ëmsetzen, dass déi a verschidde Cabineten einfach esou kéinte kommen. Dat liicht mer an. Dofir, d'Étude approfondie fannen ech iwwerflësseg.

An dee leschte Punkt: „à promouvoir activement le droit d'initiative des médecins dans le secteur extra-hospitalier“. Ech fanne just, deen Text, dee mer elo haut stëmmen, oder gestëmmt hunn, mécht genau de Contraire. An aus deem Grund kënnen mer deen Text hei och net akzeptéieren.

Mee well ech awer den Effort gesinn, dass hei gewollt ginn ass, an déi richtig Richtung ze goen, wäerte mer net dergéint stëmmen. Dofir wäerte mer eis enthalten.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wiseler. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Oberweis.

(Interruption)

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir sinn natierlech mat de Consideranten all averstanen. Déi éischt zwee Invitte kënnen mer och deelen: eng Analys ze maachen an d'Resultat ze diskutéieren. Mee „accorder une priorité absolue à la finalisation des travaux sur la réforme des sociétés des médecins“, ech hunn et virdrun a menger Ried gesot, dass ass fir eis en No-Go!

Mir gesinn do eng grouss oppen Dier fir dat, wat ech virdrun als Gefor beschriwwen hunn. Voilà, mir gesinn do wirklech den öffentleche Gesondheits-system a Gefor mat deem Gesetz, wat da wäert kommen. An den „droit d'initiative des médecins, ensemble avec tous les acteurs du terrain“, wéi eng Acteure sinn dat? Voilà, wat kënnt do vu private Gelder mat an d'Spill? Mir stellen eis do ganz vill Froen, wou d'Dier do opgemaach gëtt. Fir wéi eng Acteuren? Also, fir eis kënnt dat net a Fro.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. An d'Wuert geet un den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Sou, wéi ech virdrun d'Gesetz fir e Feeler fonnt hunn, sou kann ech déi Motioun, déi u sech dat Ganz staark nuancéiert, muss ee soen, unhuelen. Dofir wunnert et mech e bëssen, dass mer déi zwou Diskussiounen den nämmlechte Moment hei am Plenum hunn. Mee dat erkläert sech vläicht aus preelektoralen Grënn an

dem Besoin, sech an enger Regierungskoalitioun dann awer kënnen ze demarkéieren. Egal, ob de Mars Di Bartolomeo als fréiere Gesondheitsminister hei mengt, dat wär d'ganz Regierung, déi se geschriwwen huet, ech liesen hei awer eng aner Handschrëft eraus, muss ech elo mol vu mengem bescheidenen Standpunkt aus soen.

(Interruptions et hilarité)

Dat gesot, mir kënnen souwuel d'Considerante wéi och d'Invitten ënnerstëtzen. An dofir wäerte mir déi Motioun hei matstëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. Ech mengen, da kënnen mer elo zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass mat 33 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen a 25 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

M. Roy Reding.

5. 8260 – Projet de de loi portant dérogation aux articles 55 et 56 du Code de la sécurité sociale en relation avec l'accord entre le Gouvernement, l'UEL et les organisations syndicales OGBL, LCGB et CGFP du 7 mars 2023

Als leschte Punkt um Ordre du jour vun haut steet de Projet de loi 8260 iwwert d'Derogatioun zu den Artikel 55 a 56 vum Code vun der Sozialversécherung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapportier vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Dan Kersch. Här Rapportier, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mat dësem Gesetzestext, deen ech elo vun dëser Plaz aus wäert virstellen, setze mir eent vun deene leschte